

D'Spiller:

De Kinnécksrot vu Lëtzebuerg

Prënz PHILIPP vu CROY-CHIMAY	Gouverneur
Här EUSTACH WILTBEIM	Präsident
Barong KAREL vun UREN	Haaptmann vu Lëtzebuerg
Grof PHILIPP DU FAING	Haaptmann vu Chiny
Barong TIT vu BËTZELER	Rootshär
Barong GUEFERT vun ELTER	Rootshär
Här GUST LANSER	Rootshär
Här LOUIS de la NEUVEFORGE	Rootshär
Här KRËSCHT BOSCH	Generolprokureur
Här BATTIS WILTBEIM	Substitut
Här JHANG STRENG	Sekretär

an de Koschter vun der Léiffräichen.

Pater ALEX WILTBEIM Rekter vun der Galessiskapell

D'Zäit:

De 27. Dag am Huewermount 1666.

D'Plaz:

D'Al Stad beim Fëschmaart.
Uewen un Dominikaner. Enneschten Eck vun der
Fleeschierraass.
D'Stuff vum Provënzgeriicht.

D'Bild:

*Am Hannergrond eng duebel Fënster mat Kartengen,
zwou Dieren
lenks fir an den Är, riets fir an d'Regëschterkummer.
Um Versinn zwéi Liichter.*
An der Mëtt en Träppleckspult fir de Präsident.
*Lenks dräi Pulter fir déi adeleg Rootshären, riets dräi Pulter
fir d'stodéiert Rootshären.*
*Méi lenks dem Haaptmann vu Lëtzebuerg säint,
méi riets dem Substitut säint.*
*Ganz lenks dat vum Gouverneur,
ganz riets dat vum Prokureur.*
*Ganz vir dem Sekretär sai Schreifdësch.
Vum Sall aus gekuckt.*

Iwwersicht:

Gankendir		Kummerdir
	Eust. WILTBEIM	
	ELTER	LANSER
	BËTZELER	ARNOULD
DU FAING	STRENG	NEUVEFORGE
UREN		Batt. WILTBEIM
GOUVERNEUR		BOSCH

1. Optrëtt: STRENG

STRENG *kënnst mam ugefaangene Käerzestänner gemälleg bis vir hin:*

Dir Leit! Eppes brauch een iech den Owend nët ze soën: Déi Doudeg kommen nët gär erëm. A Gedanke kritt der emol kee gefaang. Wann der mengt, der hätt een an d'Gesicht gesinn, dann as en ewell husch. A wann en iech vrun den Aë stoë bleift, ech fäerte ganz, dann as et en nët. Dir kënnst em fléiwen a schéi schwätzen, dir kënnst e laachen a pinschen din, — dat wat e vu sech gëtt, dat leet dir him selwer an de Mond. Ier der et wësst oder nët. En Dram as gedëlleg. Och deen Dram, deen der hei gesitt.

Dir kennt äis nët méi. 'T läit méi wéi eng Lo Buedem téscht äis. Ma dir huet äis geruff. Dir dreemt dës Geschicht haut an eiser Plaz. Dir mengt och nach, dir géift an eiser Fur viru fueren. Ma git nëmme gutt uecht! Déi Fur, déi läit ewell laang an der Däischtert. Gitt, liicht emol eng Kéier mat enger Käerz an eng Hielt! Da kucke mer, wéi wäit är Luucht dréit! Wann d'Flam ugeréit ze zabelen an ze struwelen, da maacht der iech hell heem.

Dir kennt aus eisem Liewe jhust ee Schrack. An dir mengt, dir wéisst, wat äis dozou gedriwwen hätt. Do wësst der dann awer méi wéi mir. 'T huet äis deemools iwwerdubbert, raksdeg, grad sou wéi et iech haut ging. Mir hu jhust ferm dru gegleeft, et géif äis no uewe räissen. An dee Glawe blouf ënner de Leiden. Dir waart ewell matzen dran, éier der op d'Welt koumt.

'T gläicht ee sech ëmmer nach eng Grëtz, gesitt der. Ma de Kär vun engem dee schneit jhust deen op, deen en agesat huet.

Frot äis léiwer nët zevill. Mer man iech et ewell liicht. Mir récke ganz no beien-eeen, a mir schwätze Lëtzebuergesch. D'Halschent vun äis konnt keent. Dat wäert der wëssen.

Ma 't as ären Dram, dat hei: Souvill Versteesdemech hu mer. 'T muss een sech een deen anre bal sichen. *Liicht an d'Leit eran.* Eng Zäit, déi zerfacht iech esouguer eng marber Doudelued. Ma géint de Schlag am Geblitt, do kënnst se nët un! *Et himmelliicht. Fermes Dimmerschlag. De STRENG stellt d'Luucht op säi Schreifdësch, setzt sech, schreift.*

Lëtzebuerg, de 27ten Dag am Huewermount, 1666... Eis Provënz huet Rootsdag... Am Déngscht vun eisem Här a Kinnek, Karel den Zweete vu Spuenien... *Zou de Leit:* Den Ufank, dee schreift sech ewéi all Dag. *Schreift virun.* Mir, Gouverneur, ... a Rootshären... vum Kinnécksrot... zu Lëtzebuerg. *Därbanns kënnst den ARNOULD eran.*

2. Optrëtt: STRENG, ARNOULD.

ARNOULD *trëtt hannert de STRENG:* Dir sid haut fréi un, Här Streng! Dir beschléisst ewell, 't as emol nach keen hei.

STRENG *kuckt op, laaches Monns:* Ech hale wuel jo, Här Arnould! Duefir hun ech nët dee breede Bockel. Déi puer Kréngelen hei, déi däerf ech eleng verbriechen. Da sid dir mander opgehal. *Steet op, hëllt riets am Eck e Käerzenhärchen a fänkt d'Lüchteren un.*

ARNOULD *schmunzt*: Wann déi puer Sträpp Tënt äis kënnten erausrappen, éch hätt näischt dergéint. Ech hun nach kee begéint, deen sou dichteg am Follege war wéi mir am Kommedéieren. *Himmelliicht, Gedimmer*. Sot, huet dir dat Wieder do bestallt?

STRENG *dréchen*: Ech wäert äis och nach Ongléck d e r b a i wënschen! Wann dat do an de Méchelstur schléit, da brauch kee méi ze läschen. Mat deem hongeregen Zëtärswaasser, dat hei uewen zesummekundelt... Dir wësst jo, wéi et engem geet, wann ee bis an d'Uelzecht muss schäfte goën. Donidden hun se wéinstens d'Nätzt fëlleg.

ARNOULD: O gëtt uecht, am Gronn wëllt ech och nët sin elo. 'T as esou mouerzeg fiicht, dir kënt d'Loft geschwë knieden. Dat mécht keng gesond Leit, dat.

STRENG: A, dir kommt de Breedewee erop... 'T as wouer: Do greezt et richtig. Dat wir grad de Kotteng fir ugestach ze gin. Bei deer bronkeger Luucht. Dat dimmert an 't dimmert an 't hëlt äis d'Stéckecht nawell nët ewech.

ARNOULD *rëselt de Kapp*. Da wäerte mer der Kränkt alt erëm nët lass gin. *Mat Iwwerleës*: Ech froë mech am Eescht, wéi eis Leit et aushalen. 'T as ze soën näischt gewuess. Krëppelfruucht eng an elauter. D'Dierfer nach hallel an e Koup vum Krich... An elo d'schwarz Pescht nees widdert der Musel! Wann een sech d'Liewen sou vun hannerwands ukuckt, 't kritt een e schlecht Gewësen. Wat kréien déi um fräie Feld eppes eraus!

STRENG *wif*: Da's wat ech eisen Hären ëmmer soën: Wann dir misst am Trapp mat virun, dir gingt mueneches anescht upaken! Ech wäert keemol vergiessen, datt mäi Papp hei um Geriicht kleng ugefaang huet. Wat dee gesinn huet vun Aarmutt, ënnerwee, dat stellt kee sech vir. Elo wou der vun der Pëscht schwätzt, do kënt mer säi Spréchelchen erëm! All Owes, wann en heem koun, da krute mer deen ze héieren: „Här schlo mech a strof mech! Ha mech schlamp a stomp! Ha mech krakeg a kromp! Ha mech bluddeg a bland! Schwarzer Dout, looss mer liedeg meng Mod a mäi Kand!“ *Gesäit a Gedanke säi Papp*. An da foug eise Pätter un ze zidderen, éch duecht, d'Tréine kéime gebockelt. Eng Angscht hat dee Mann. Eng Angscht... *De LANSER kënt iwwerdeems eran*.

3. Optrëtt: DÉI VIREG, LANSER.

LANSER *roueg, wéi et säin Aart as*: Nun haalt awer stëll, Här Streng! Gudden Owend! (*Déi zwéin äntweren*: 'N Owend, Här Lanser!) Geschwë fuebelen s'op all Stroosseneck vun deer béiser Siicht. Ech sin nëmme aus der Kutsch geklommen, do din d'Virkeefeschen ewell Kreesch: Wie sidd der? Vu wou kommt der? Wuer laaft der? — Sou Leit sin zeideg. Ma mir d'äerfen nach nët opstécken! Nach nët!

ARNOULD *batter*: 'T seet keen dat, Här Lanser. Ma as dat do keen Zeechen, datt déi Stater rose wéineg vun äis halen? Wa mir den Uerder erausgin: „E Rhäilänner Fouermann rullt nët iwwer d'Tréiesch Grenz“, da fannt dir kee Mënsch méi, deen dru gleeft! Dat hëllt einfach keen iech of, datt eis Lait hannerem Bärjer hiren Déngscht man!

LANSER *luusseg*: Ech gleewen och nët un de Kleessen, Här Arnould! Ma wann en aner derhanner kënt, datt ech em eng kréckelen, do hun ech besser, nët béis ze gin. Wéifill mengt der, datt der ouni Paass duerch d'Wuecht kommen?

STRENG *iwwerluegt*: Dovun ofgesinn. D'Grenz as laang. A wann se sech zu Iechternach op den Dibbelché géifen un d'Virschréft halen, — *erwëscht e Blat um Schreifdësch* — huilt se nëmme! heit! *Liest*: „Wien nët kann nowëisen, datt en op d'mannst sechs Wochen enzwuesch war, wou keng Kränkt as, dee bleibt dobaussen.“ Domat kritt dir de Mann vun der Strooss nët roueg. Sot deem: An der Äifel, um Honnsréck, bis op Metz erof as d'Siicht am Vollek! Ma dee

packt sech nèt méi! De Bauer leeft an d'Déckst vum Bësch, an déi Stiets géifen iech all Paarten zoureedelen.

An da kënnen se jhust nach de Rousekranz an de Grapp huelen. Well bei sou enger Luucht dobaussen, do kommen si nieft de Kapp. Enneschte Wand a Wiederreen! Do hëllefeng keng zwanzeg Uerdenanzen. „D'Loft dreift de Gëftgallem eriwwer“, heescht et. „Mir sin ugestach a verkaaft“. An ech wéisst keen Dokter, deen dat falsch méich.

LANSER *besuert*: Wéi as et dann elo? As de Riichter vun Iechternach endlech souwäit, datt seng Leit Wuecht stin? 'T goufen alt erëm e puer Gängeler gepëtzt, déi sech eriwwer verfuusst haten.

ARNOULD *draueg*: Mer hun déi Bäerbrecher jo mat bäigeholl, fir hëllefeng ze waachen. Wann et elo kee Stéck gëtt, da stelle mir äis geschwë selwer op d'Strooss.

STRENG: Dat sot der dët Joër nach dacks. Déi eegen Haut hält ëmmer am waarmsten. 'T as liicht, ee mat engem Fiederstreich an d'Ongléck schécken. Wann een dat mat iech méich, da seet dir och: Ma déi si gutt geroden, déi! Fir wat da grad ech? — Si mir nëmme frou, wann déi Iechternacher den Affer bréngen!
Himmelliicht, Gedimmer.

4. Optrëtt: DÉI VIREG, EUSTACH A BATTIS WILTHEIM.

EUST. WILTHEIM *mat enger lüchter Näip*: Dir Hären!

BATT. WILTHEIM *d'selwecht*: Gudden Owend!
(Déi dräi aner vernäipe sech och: Gudden Owend!)

STRENG *waakreg*: Den Här Prääsident an den Här Substitut! Dir huet alt keen soue wäite Wee duerch d'Nätzt. *Mécht sech fäerdeg mam Geliichts.*

LANSER *zum EUST. WILTHEIM*: Dir bréngt de Jong gläich mat. Dann hätte mer d'Familje Wiltheim jo emol ganz hei.

BATT. WILTHEIM *schmunzt*: 'T ging ee mengen, Här Lanser. — Ma fir haut, do misst een iech nach bal ee weider erbäischleefen.

ARNOULD *schnokeg*: Ou? 'T as dach nèt nees eng Plaz fälleg?

EUST. WILTHEIM *roueg*: Nee, nee. Fäert nèt. — Mäi Brudder kéim jhust gär bis eriwwer.

STRENG *paff*: De Pater Alex? As dat wéinst sänge Studente éieren? *Kuckt a säi Gepabeier.* Do kënt e jo gläich bäi. *Bedenklech*: Ma gleeft der, datt dat do duerchgeet? — D'Klouschter héil déi friem Heeschejonge gär an der Schoul? — Ma mir mussen déi lass gin! Déi gamzen uechter d'Dierfer, a Gott weess, wat se derbäi oprafen. 'T as d'Geschicht vum faulen Apel. *Rëselt de Kapp.* Ech wëll jo näischt soë, ma ech mengt, do krit e vun äis kee gudde Bescheed.
Déi aner wénke mat de Käpp. Een Zeechen, datt s'och där Meenong sin.

EUST. WILTHEIM *gemälleg*: 'T wir och nèt méi wéi richtig. Vu mir och nèt.
Alles verwonnert.

BATT. WILTHEIM *erkléiert säi Papp*: Eise Pater kéim de Mëtteg jo och nèt duerwéinst, Här Streng.

STRENG *paff*: Nèt? Wéi dat dann?

LANSER *ganz Ouer*: Huet e soss eppes, wat en dréckt?

EUST. WILTHEIM: Dir wäert gesinn. *Zum STRENG*: Ech wir frou, wann der dee Mëssel do gingt zrëckstelle bis déi aner Woch. Dat wat en iech haut freet, dat gët e gudde Krack méi eescht.

ARNOULD: Eescht, sot der? Si mir dat dann nèt ewell?

LANSER: Wann dir esou schwätzt, da wäert et jo keng Fapp sin.

EUST. WILTHEIM: Mäi wärech, neen! *Onroueg zu LANSER a STRENG*: Iech zwéi misst ech esouguer nach un e Wuert erënneren, dat mir äis emol eng Kéier gin hun!

STRENG *paff*: Wéini mengt der?

EUST. WILTHEIM: Zu Metz, wéi d'Fransousen äis geschuer hun. Wéi ech iech deemoos sot: Wa mer virum Sträit nët méi mateneen ze schwätze kréien, da schwätzt mir a Guetsnummen no! — Dir huet dat Wuert dack gehalen. Ech si bal nët esou kéng, iech ze froën: Haalt mer et och haut! *Déi zwéi sin ewéi ewech*. Ech sin eisen Häre Wallouner nët ganz secher de Mëtteg.

ARNOULD *kënnt sech iwwereenzeg vir, ma hëlt d'Saach gutt op*: Nun héier een un, Här Präsident! Maacht dir och ewell sou Saachen?

EUST. WILTHEIM *leet em d'Hand op d'Schëller*: Dir dærfst et am Fong nët wësen, Här Arnould. Ma dir zielt näischt virun. *Zu en all*: 'T muss sin. Dir mengt vläicht, 't ging bannenan eppes mat mer duerch, ma dir wäert gesinn: Ech gi mäi Wee. An ech muss e packen.

STRENG *abberdëng*: Wann et sou schlëmm as, Här Präsident? Sécher!

LANSER *roueg*: Do wësst der jo, wou der äis fant. — 'T wäert jo keng Doudsënd gin. *Den ARNOULD kënnt sech es nët zou*.

STRENG: Ech huelen iech grad esou gär eppes anescht vir! *Kuckt a säi Regëschter*. Souwéisou loossen ech iech dach ëmmer um Kapp eng wäiss Sträif. Wann et haut muss hell ewech goën... ech wëll! *Zappt säi Fiederkäil an*. Sou kuck! *Schreift*.

5. Optrëtt: DEI VIREG, BOSCH.

BOSCH *kënnt bal op den Zéiwen eran, kritt vun en all eng Näip, trëtt nieft de STRENG*: Da geet d'Saach an d'Rei? Huele mer de Pater Wiltheim vir? *Zu en all*: Gudden Owend awer, dir Hären! *Alles äntfert*: Gudden Owend!

STRENG *kuckt op*: Dir sid och hei, Här Prokureur? An dir sid ewell am Bild? *Kuckt verleë vum BOSCH zum PRÉSIDENT*: Da sting äis jo näischt méi an der Wee?

BOSCH *bal entsat*: Ma 't kann ee wuel zielen! 'T hält gewass u mir. *Déi aner man ëmmer méi verkuerbelt Gesüchter*.

STRENG *entschëllegt sech, ma laaches Monds*: 'T war mer nët esou gemengt, Här Prokureur! *Zum EUST. WILTHEIM*: Huet äre Brudder da wëlles, gläich erbäizekommen? Mir sin ewell péit un, mat deem Gerubbels dobaussen.

EUST. WILTHEIM *roueg*: Dat huet näischt op sech. Eisen Alex as riichtiwwer an Dominikaner. Deen hält dem Pater Piertner d'Gespréich. Ech ruffen iech dee schons. *A Gedanken*: Deemno wat eraus kënnt, géif ech e vläicht léiwer nët ruffen.

LANSER *schmunzt*: Nu sot awer selwer, Här Präsident: Dir maacht een al babbeldänzeg!

ARNOULD *am Geck*: Dat mécht hien ëmmer.

BATT. WILTHEIM *d'selwecht*: Dir sid dat dach gewinnt, Här Arnould! Als kiddelfexen Affekot.

EUST. WILTHEIM *wénkt of*: Zësst iech nach een Ablack! Wann déi Hären all hei sin, da git der gewuer wéi d'Saach sech huet. 'T fänkt een nët gär fënnemol un. *Eesch*: Schwätze mer léiwer vum Landongléck! *Zum STRENG*: Wat soën s'op der Aifeler Grenz? Keen Iechternacher sech gerouert?

STRENG *réselt de Kapp*: Näischt héieren. *Steet op*.

BOSCH *eescht*: Duerfir wësse mer awer grad esou gutt, datt d'Kränkt ewell am Guttland sëtzt. *De Präsident wénkt Jo*. Ech wette, wa mer bis hannert de Wal ginge fueren, se kéim äis op affener Strooss entgéint. Dene Stater huet ee besser, 't zielt een näischt dervun. 'T ass ëmmer nach Zäit fir ze veraangschten.
Himmelliicht. Gedimmer.

6. Optrëtt: DÉI VIREG, ELTER, NEUVEFORGE.

ELTER *vernäipt sech, kuckt sech d'Leit un*: Gudden Owend! Sin s'ewell zu enger halwer Dosen? Da wir ee jo alt nët méi déi éischt.

NEUVEFORGE *quënteg*: 'T gung ëmmer nach duer, fir gebleecht ze gin. *Mécht och seng Näip*: Gudden Owend!

Alles äntwert duercheneen: 'N Owend, dir Hären!

ELTER *äerdeg*: 'T as nët schéin, wann ee mat der Dir an d'Haus fällt, ma éch froën alt: Wësst der eisen neitste Misär? — De Grof vu Sallem kënnt aus dem Tréieschen eriwwer. Mat Mann a Kniecht. An op all Raschtplaz léisst e Kranker trëllen! An der Neierbuerg foug et un. Zu Béibereg foulén s'em richteg vun de Been, an elo läit e mam Rescht nët wäit vun Iechternach op der Prim an e biicht fir eriwwer. Wann der deen op heem zéie loosst, dee schleeft iech d'Gëft bis an d'Eislek uewenaus.

NEUVEFORGE *verspellegt zum ELTER*: Ech mengen, mir lichen dee geschwënn, Här Barong. 'T as géint all Gebott, dat do. An säi Schwoër an der Äifel gët em nach Wunneng am eegene Schlass!

ELTER *ergrëmmt*: Dat kënnen sou Häre sech leeschten. Mir hiewen deen och nach nët hannenerëm, wann der dat mengt.

EUST. WILTHEIM *bal mat Spunnes*: Dat wësse mir alles, dir Hären. Dir huet iech eng Zäitchen nët am Rot gewisen: 'T as ewell vrun enger Woch hei Rieds gaang. *ELTER an NEUVEFORGE kucke schimmeg*. De Grof vu Sallem as eben nët deen éischte Beschten. Duefir mécht hien alt wéi hie wëllt.

ARNOULD a LANSER schmunzen.

BATT. WILTHEIM: De Grof vu Sallem krut gëscht säin drëtte Bréif geschriwwen. An dee wäert e grad esou kal loosse wéi deen éischten.

BOSCH *schaarf*: 'T bleibt ze gesinn, wéi laang sou een nach iwwer Läiche geet. Dat wir e Fall fir eisé Pränz selwer.

STRENG *beflass*: Ma secher! Flang virun de Gouverneur dermat! Dat däerf nët saumen. *Zum EUST. WILTHEIM a BOSCH*: Wir d a t kee Mëssel fir haut, dir Hären?

BOSCH *wénkt of*: Fir haut nun nët. *Guttmiddeg*: Do krite mer den Här Präsident hei an d'Hoër.

EUST. WILTHEIM *lues*: Macht mer déi Freed. Der wäert gesinn. Méng Saach as och kee Spaass.

Dimmer.

LANSER *ganz bei der Saach*: 'T wir awer bal ubruecht, fir hei ze wieren, fannen ech. 'T geet em e sëlliche Mënscheliewen.

EUST. WILTHEIM *deem et e Stouss gëtt*: A fir déi ging eng Fatz Pabeier duer, mengt der? Gitt dir mir eng Schwadrull Husaren, déi dee Krëpeng aus dem Land jeet? Ech soën iech jo: Hieft eng Grëtz Gedold! Der verstitt eenzock, datt mir am Ablack eppes anescht uewe läit.

E geet e puer Schrëck. Alles verleën.

ELTER *zum BOSCH, fir de Präsident nët ze péngegen*: Kénnt sou eppes Apaartes zur Sprooch de Mëtteg?

NEUVEFORGE *verkuebelt*: Maja? Wir dat do dann nët genuch? Ech weisst gär, wat nach méi Uerges sollt op Wee sin.

BOSCH *roueg*: Dir kénnt iech gläich iwwerzegen.
Himmelliicht. Gedimmer.

7. Optrëtt: DÉI VIREG, DU FAING, BËTZELER.

DU FAING *gehäert*: 'N Owecht, dir Hären! *Mécht seng Näip*: Dës Kéier kréien déi kleng Fësch och Waasser!

BËTZELER *gläich hannendrun*: 'N Owend zesummen! *Vernäipt sech och.*
Alles brommt säi „Gudden Owend“.

DU FAING *schmotzlächelt*: Näscht iwwer déi Hären Affekoten! Souguer am Schloreen kommen s'engem op de Virzock. *Zum ELTER*: Gutt, datt mer iech hun, soss géife mir geschwë glat näscht méi gewuer. *Zum EUST. WILTHEIM*: Dir huet eise Giewel gutt gewäisst, dobaussen, Här Präsident! De Wope blénkt erëm, 't as e Genoss. *Gëtt em d'Hand.*

BËTZELER *grad esou aläert*: Maja. Dir fuert schätzeg ewell. *Kléckt dem PRÉSIDENT*: Wa mer och nach eng nei Trap kriteren, da ging alt kee méi doruechter zielen, 't misst een sech d'éischt Hals a Bee brieche, fir vrun de gréngen Dësch ze kommen.

EUST. WILTHEIM: Dir Hären huet gutt laachen. Sot äis léiwer: Wéi as d'Luucht bei iech am Wallouneschen? Huet dir nach keng Zeideng erwëscht vum Dout séngem Reesender?

DU FAING: O, déi spiert dir geschwënn! D'Grofschaaft Chiny bréngt eng moër Schätzig! Ech sot menge Piechter: 'T éischt riicht är Scheieren op an da schäert zesummen! Wann dir e puer Kniecht zevill huet, fir d'Broochen ze plouen, der kénnt äis se schécken.

EUST. WILTHEIM *dréchen*: Ech gesinn, Här Grof. Do wir dann erëm e Metzleschgang fälleg.

Den DU FAING zitt d'Schëlleren.

BËTZELER *eng Iddi méi eescht*: Wann der dat eng Zeideng nennt, wann de Leit d'Dronkenellen ausgin: Déi kénnt äis an engem drun. Bal as et de Fransous, bal as et d'Pescht. Huet dir engem dee Graul ewech? Se sin näscht Besseres gewinnt. Soulaang soss näscht derbäi kénnt.

ELTER *a Gedanken*: Dann as et alt do ewéi bei äis. Wien nët nach un eppes pléischtert, dee sëtzt do ze tiirme, wat gët.

DU FAING *iwwerleën*: Jidderee fäert fir säi Méckeliewen. Traureg, esou eppes. Watt soë se zu Paräis? Da's wat mech këddelt.

NEUVEFORGE *éierlech entsat*: Ma dir huet dat allerhand roueg, Här Grof! Riichteraus geschwat: Fir d'Fra an d'Kanner as et mir guer nët eendun!

LANSER *manner am Geck wéi e weist*: 'T géif Zäit, datt den Här Grof sech och emol eng Keier géif schuddereren.

DU FAING *kal an däitlech*: Dir sid nach nët laang genuch am Rot, fir mir déi Ried ze halen, Här Lanser. Wann der emol zwanzeg Joër erof huet, dann haalt der de Buedem besser. *Iwwerluegt*: Ech soën nët, dee Misär léisst mech kal. Ma un d'Zabelle kritt der mech nët. Wann d'Kränkt kénnt, da weess ech, se war ewell do. Gemaach gëtt näscht dergéint. A wa Krich gëtt, da weess ech, deës war och ewell. Datt är Zaldoten näscht daachen, dat weess ech och. An är Duerfleit gin an de Ginz dervun. Dat weess ech och. An ech huelen un, se

sin doiwwer besser versuergt, well soss, *zitt d'Schälleren*, soss kënnt een sech nach dout mengen. Do ka komme wat wëllt: Deen héi geet nët méi sou huerteg an d'Knéien.

LANSER *guer nët hueseschreckeg*: Da si dir ja bal een ewéi den éiwege Judd?

DU FAING *gefoxt*: Wéi mengt der dat, wann ech froën däerf?

EUST. WILTHEIM *kënnt dem LANSER zevir*: Ma dat heescht, Här Grof: Wann dir esou denkt, da wëllt ech, dir kéimt de Mëtteg emol nees ferm an de Schweess.

BOSCH *eng Grëtz méi schnokeg*: Jo! Do wir ech och frou.

LANSER *schmunzt, zum GROF*: Do soën aner Leit iech meng Meenong, Här Grof!

DU FAING *fronz d'Stir*: Wann der dat déit mengen, dann hätt der et dobanne behal. Do misst ewell déck Luucht sin. Sot engem léiwer, fir wat der een dot zu Kouer kommen! Ech hun d'Aarbecht fëllegen doheem.

BËTZELER *verwonnert zu en all*: Huet der wëlles, deem vu Sallem heemzeliichten? Do hätt ech näischt dergéint. Wann ech nët am viraus wéisst, datt en äis voll fleet.

ARNOULD: Do méiche mer all mat. Wa mir ëmmer de Schwanz bäizéien, da brauch een sech fir näischt ze wonneren. *Zéckt*: Den Här Prësident mengt vläicht, 't wir nët méi derwäert; ma ech géif soën: Begannt iech!

STRENG *wif*: Dat seet ech och! Pucht deem roueg n a c h e Wësch dohin! Dee geet haut nach eraus, a wann ech bis Hallefnuecht hei brucken. Denkt un eis Leit!

NEUVEFORGE *wénkt mam Kapp*: Déi kënnten et brauchen.

BATT. WILTHEIM *eniichter*: Wann d'Kand am Pëtz läit, da si mir do mam Deckel.

ELTER: Besser elo, ewéi guer nët.

EUST. WILTHEIM *haart*: Dir Hären! Een dee mech dräimol ausgréngt, wann ech en eppes ustellen, bei deem hun ech ausgeschwat. Dee fladdert. A wann en sech „von und zu Sallem“ schreift! Ma wa méng Kniecht mer keng Hand upaken, da schummen ech méch! Da gin ech menger Wee. *Ongedëlleg*: Fuert der mat an d'Äifel, dir Hären? De Grof vu Sallem erausgehen? Mer kënnen op Staatskäschte fueren, wann der wëllt. *Alles verleën*. Méissegt Geschwätz as dat! D'Kränkt hu mer hei. Jo, hei! An dir dot mech se zu Iechternach unhalen! Ronderëm d'Stad schlaaft s'ewell. Duebel Wuecht op all Tir hu mer haut! Um flaache Land hu mir ausgespillt. Do bleift äis nach e Stoussgebiet, a fäerdeg si mer.

BOSCH *mat Versteesdemech*: Ganz genee! Da's elo wat eise Bauereleit blitt. Wann en der Dout bis am Muerg sëtzt, dann huelen se nach eng geseente Käerz aus dem Schräin, an da waarden se bis d'Féiwer se kritt.

EUST. WILTHEIM *eescht*: Da's dann eng Léier fir äis. Mengt der, der Doud héil virun äis stall, well mir et sin?

DU FAING *verbassen*: Wann déi Zäit do as, dann iwwersti mer si och. *Zum PRÉSIDENT*: Wat musst dir ewell eppes vu Rau an iech eragefriess hun! Mat all ärem Iwerleës! Dir rufft äis dach gewass nët, fir eng nei Litenei ze léieren?!

EUST. WILTHEIM *zéckt, well alles op e kuckt*: Eierlech geschwat: Dach, Här Grof!

DU FAING *mengt d'éischt, 't wir Spunnes*: Dir wäert dach nët? *Fronzt op eemol d'Stir*: Awer sécher keng Kiirchesaachen?

EUST. WILTHEIM *kontert dës Kéier gläich*: Vu mengem geeschleche Brudder.

DU FAING *ergremmt*: Ech ka mer denken. *Haart*: Och, du Léiwecher! Duefir vertrente mir eng ganz Rees! 'T gesäit een iech nët of, datt der an der Zäit d'Fransousen sou schamper erwiedert huet. Ech hoffen nëmnen, datt et näischt as, wat de Schefferot grad esou gutt kënnt verdillegen. *Zweedeiteg*: Ech kennen äre Brudder Pater! Wann dee bis är Dir weess, dann deelt dir d'Aarmes aus drop an derwidder. Wéi 't schéngt, d'Jésuitercher kruten nees e fonkelfrëschen Houelter an d'Kapell geriicht. Wäisse Marber! As dee vun iech?

EUST. Wiltheim *lues*: Wat dir nèt alles wësst!

DU FAING *bal nosiichteg*: Och gutt! Dat wäert dann den Ufank sin! Wie weess wat no kënnt...

EUST. WILTHEIM *muss schmunzen*: Wie weess, Här Grof...

DU FAING *kuckt en duerch an duerch*: Nu maacht iech nèt esou! *Stronzeg*: An am Rot geet sou eppes mer guer nèt, muss ech iech soën.

BËTZELER: Mir hun aner Suergen dës Deeg. Dir sid iech nëmme selwer nèt gutt. An äis dot der uspannen a wéiwäit fueren!

EUST. WILTHEIM *ongerouert*: Wann déi Häre Barongen all do wiren, da kënnt ech ufänken. *Gesäit den UREN erakommen, méi frëndlech*: Do as jo mol den Här Kapitän! Dir kommt grad zu Paass. Elo wir d'Kaartespill jo bal ganz. *Den UREN vernäipt sech*.

8. Optrëtt: DÉI VIREG, UREN.

STRENG *versteet nèt*: Wéi dat dann, Här Prësident? Wie kënnt dann nach?

UREN *äntwert fir de PRÉSIDENT*: Tja, haut sin ech nèt dee leschten. Gudden Owend awer! *Déi aner äntwere lues. Zum PRÉSIDENT*: Ech mengen, de Gouverneur as ewell an der Trap!

BËTZELER *fällt aus alle Wolleken*: Kënnt hie selwer? *Zum PRÉSIDENT*: Dot een dach nèt esou zabbelen! Wees hien da wéinstens, wat lass as?

EUST. WILTHEIM *roueg*: Ech denke, Jo.

Himmelliicht. Dimmer.

UREN *zum PRÉSIDENT, noperlech*: 'T war dach richtig esou, Här Prësident? Dir sot, ech sollt alles kloër man an den Här matbréngen.

EUST. WILTHEIM: Secher dat, Här Kapitän! Ech soën iech merci. *Zu denen aner*: Ech hätt déi Häre gär een nom aner gefrot, ma 't war kee wäit a breed.

BOSCH: Huelt, wann iech gelifft, keen dat iwwel! Mer koume nèt derlaanscht.

DU FAING *buuschteg*: Déi do as da gutt.

NEUVEFORGE *kalennert*: E Bréif vun ärem geeschtleche Brudder, sot der? Un äis? Dach secher. keng iwwel Noriicht aus dem Frankräich? 'T himmelliicht dach nèt éiren am Loutréngeschen?

De PRÉSIDENT wénkt Neen.

STRENG *duercherneen*: Dir sot dach d'éinescht, äre Pater kéim gär selwer hannenno! Ma da rufft en elo gläich! Wann en äis esou e Bescheed bréngt!

ELTER *paff, wëll en d'éinescht nèt do war*: Kënnt hien och nach? *Zum PRÉSIDENT*: 'T muss een iech et awer loossen: Dir huet et eraus fir hannerem Bierg ze halen!

EUST. WILTHEIM *schmunzt*: 'T as heiandsdo néideg. *Zum STRENG*: Mäi Brudder huet näischt ze verlafen, Här Streng. Dee waart bis d'Rei un e kënnt. *Zum UREN*: Da weess de Pränz Bescheed, Här Kapitän?

UREN *wénkt Jo*: Zënter elo grad. En huet sech eegaangs ugedin fir an de Rot. An e sot, e géif alles drëm, fir iech de Réck ze stäipen.

BATT. WILTHEIM *zu séngem PAPP*: 'Säis de! Dee léisst dech nèt am Stach.

BËTZELER *ongehalen*: Ma sot! Wann der de Maart ewell fäerdeg huet, fir wat braucht der äis dann nach?

DU FAING *dréchen*: Fir schéin ze man.

EUST. WILTHEIM *spuerstreechs*: Neen, Här Grof! — Komm kee mer dat do noge-heien! Hei gët keen iwvergaang. Keen! Ma wa mer haut nët eestëmmeg op en Enn kommen, da gin ech géint mäin eegene Virschlag.

LANSER *e bësse paff*: Wat huet der dann nëmmen am Schna? Sou kenne mer iech nun awer nët! *Därbanns kënnt de GOUVERNEUR.*

DU FAING *tockeg, ma bla besuergt*: Dir maacht äis jo gär waarm, sot der? Abee, iech deet äert verspellegt Gerenns och kee Gutts! Gleeft es!

DE PRÉSIDENT zitt d'Schëlleren a set näischt. Himmelliicht, Gedimmer.

9. Optrëtt: DÉI VIREG, GOUVERNEUR.

GOUVERNEUR *schwänkt den Hutt*: Gudden Owend zesummen! *Alles mécht eng Näip*: Gudden Owend, Monseigneur! *De GOUVERNEUR trëtt frëndlech e Schratt vir*: 'T fennt een iech ewell all beieneen! Och déi zwéin Hären, déi een sou seele gesäit. *Gëtt dem DU FAING d'Hand*: Wéi steet et doheem zu Chiny, Här Grof?

DU FAING *kriddeleg*: Mam Karschnatz as et Esseg. Ma zënter datt ech véier Jor-mäert halen, do léisst sech liewen. Hätt ech franséisch Gold! Dat misst dir ge-sinn, wéi d'Fransousen eist aalt gräisslecht Ivoix erausfizen. Do krit dir gro Hoër. — Eis verlueren Dierfer kräischen äis emol guer nët no! An d'Grenz huet nach guer nët ausgebréckelt.

GOUVERNEUR: Gutt dat mer iech niwendrunn hun. *Kléckt bem BÉTZELER*: An zu Orval, Här Barong? Hun d'Pateren sech bal erkrabbelt, zënter datt mer zwéi Lëtzebuenger un d'Spëtzt kruten?

BÉTZELER *dréchen*: Déi schécken sech. Hir Schmëtt mécht allzäit dichteg Ge-däisch. — Se man et alt ewéi ech. Wat ech elo vu Gidder am Frankräich leien hun, — ech sin nët topech genuch fir dat erëm opzeriichten. Eng Wiederwollek, déi spiirt een.

GOUVERNEUR *bekëmmert*: Behéile mer iech nëmmen all sou am Suedel! — Wann nët op eemol nach e Kräiz op ais eroffällt. — *Schréckt op säin Troun duer*. Looss mer äis gläich usetzen, dir Hären! U mir sid der haut nët opgehal. *Sëtzt sech.*

Alles hëlt Plaz. Jhust de PRÉSIDENT steet hannert séngem Pult.

Vu mir aus huet dir gläich d'Wuert, Här Präsident!

EUST. WILTHEIM: 'Tas schéi vun iech, Monseigneur. *Hëlt seng Schell a schellt*. Monseigneur! Dir Hären! Eise Rot fänkt un. *Hieft d'Stëmm*: 'T deet mer déck, datt ech nët jidderengem am viraus konnt auserneeleën, wat äis zesummeféiert. Mi si jhust zou enger halwer Dosen, déi Bescheed wëssen: Ech huelen dat dann no, sou gutt et geet. 'T soll kee mer es duerfir wëllen. *Faalt e Pergement aus-erneen*. Ech krut hei vu méngem geeschtleche Brudder, eistem Rekter vum Galessi, e Schreiwes eran. 'T geet un äis alleguer. An ech fond et fir néideg genuch, datt de Rot zesummekéim. *Iwwerkuckt d'Blat*. Dat latengescht Emgeréits loos sen ech op der Säit, an ech man d'Saach gläich mondsgeriecht. *Déi meescht maache grouss Aën*. Dir wäert iech wonneren: 'T as iech nach nët geschitt, datt ech iech wéinst engem gudde Wierk an de Rot ruffen. Ma onerhéiert as nëmmen, datt kee vun äis drop kouw... Nu lauschtert, wann iech gelifft! 'T as nët laang. *Iwwersetzt*:

„Un den Här Gouverneur, den Här Präsident an déi Häre Rootshäre vum Kinnécksrot zu Lëtzebuerg.

'T sin ewell e sëlliche Joren hier, datt mer baussent der Stad, um Galessi, der Léiffrächen eng Kapell opgeriicht hun. *Wéi de Numm Léiffräche fällt, do be-kucken déi sech, déi näischt wossten.*

Ma bis hautzudag huet eis Tréischterin äis nët am Plang gelooss. Matzen an der Nout huet si Hand iwwert eis Stad gehal an äis all déi Zäit gewisen, wéi gär si äis huet.

Esouguer eis Ugrëffer gin zou, datt et nëmme jhust si konnt sin, déi et fäerdeg krut, datt mer vum Feier verschount si bliwwen.

A well mer dat alleguerte wëssen, dir Hären, duefir halen ech derfir, et wir nët méi wéi richteg, fir hir e grouse Merci ze soën.

Ma dat eleng, dir Hären, geet gewass nët duer: Mir dürfen nët ophalen, zou hir ze bieden. Datt se nëmme virufiirt, iwwert eis Leit ze waachen an se géint Kränkt a Krich ze verdeedegen.

A well ech un är Guttheet gleewen, dir Hären, duefir froën ech iech haut, fir éierlech, riichteraus an eestëmmeg... *hält stall, well alles em op de Mond kuckt... eis Léiffrächen zur Patrëinesch vun eiser Stad Lëtzebuerg ze wielen. Alles verdaddert, bis op déi puer, déi et wossten.*

Ech erlabe mer, dir Hären, iech mäin déifste Respekt a Gehouschem auszesprechen. Ënnerschriwwen: Pater Alex Wiltheim, Kapellerechter vun der Tréischterin.

Hëlt déif Otem. Dat as eis Aarbecht fir haut, dir Hären. *Sëtzt sech.* Zum **STRENG**, *reecht em d'Blat erof:* Dir drot dat nach an, wenn iech gelifft!

STRENG paff: Gläich, Här Präsiident. *Fläisst sech.*

DU FAING wéischt: Do hätte mer et. Da's jo nach méi koppeg, wéi ech duecht. Geschwë si mir gutt genuch fir Noutstopp! Ma fir wien halen déi äis, déi Häre Patren? Hannen um Enn laude mir hinnen och nach d'Klack!

ELTER méi iwwerluegt: Nu looss mer nët géihëtzeg gin, Här Grof. Ech pake jidderengem eng Hand un. D'Läit hätten et gär, dat läit op der Hand. Ma decke mir äis nëmmen de Réck! Zënter wéini hu mir der Stadt Lëtzebuerg ze soën, wien si fir Patrëinesch hëlt?

BËTZELER: Kee Fatz hu mir där ze soën! Dat geet äis glat näischt un! Wa mir äis domat eng räissen, dat déngt äis näischt an ärer Léiffrächen och nët.

LANSER wëtzig zum PRËSIDENT: Dir hat nach ëmmer eng Freed fir an en Harespelnascht ze trieden! Denkt emol un, wat der do alles op d'Zéiwen trëppelt! All Klouschter huet séng Helleg! Wéivill Peschtpatrëiner huet d'Stad ewell? De Gräin, den Hadrianes, den Roukes, de Baast! Mer haten eréischt virechte Sonndeg Peschtpressioun!

ARNOULD guttmiddeg: Dir luet iech do Saachen op, Här Präsiident! Sou schéin s'och sin, sou wéineg Dank huet der dervun.

NEUVEFORGE d'selwecht: Wéivill stin dei do nees géint iech op? Nëmmen wéinst enger Ënnerschrëft. D'Léiffrächen huet dach hir Kapell. Eis Leit si frou dermat. Do as dach fir jidderee gesuergt.

EUST. WILTHEIM dee wëlles huet, duerch alles ze goën: Déi Häre vergiessen, t'as keng Patrëinesch wéi eng aner, déi hei. Déi spuert d'Hëllef nët bis s'et as. Déi weist, datt s'et gär wir! An duefir soll s'och kee Stéifkand bleiwen.

DU FAING rosen, heet mat der Hand op d'Léin: Elo si mer um gudde Wee! Fuert esou virun! — Wat an der Kapell douewe geschitt, dir Hären, dat muss äis kal loossen. A wann Heegafele falen!

BATT. WILTHEIM kéng: Och am Häerz, mengt der?

DU FAING rau: Dat dron ech nët op der Zong! Wat ech fir d'Baschten nët kann ausstoen da's déi Aart a Weis sech géint d'Pescht ze wiere mam Rousekranz.

BATT. WILTHEIM: Wann dir eng besser wësst, Här Grof: Sot äis se!

DU FAING: E Wuechtfeier op all Landstroos! Mutt a Gedold!

STRENG dréchen: A Pabeier! Dees braucht der am meeschten! Ech mengen doriwer hätte mer d'éinescht genuch gezant. Duefir loosst déi Leit alt roueg, déi biede

kommen! Déi Bréiwer kommen éischter un ewéi är! *Krozelt weider. Den DU FAING schnaapt no Loft. Himmelliicht. Gedimmer.*

EUST. WILTHEIM: Mir si keng kleng Kanner, Här Grof! Mir gin hier, wat mer kënnen. Nëmme sot emol: As et iech ewell zevill fir e gutt Wuert auszedeele? Wann dat béist Blut gët, ech huelen dat roueg op mech.

DU FAING: Nu versitt een nët mutwëllech verkéiert, Här Präident! Wann är Léiffrächen onbedéngt vun uewen erof muss eng Stäip kréien, da gehéiert dee Bréif op Tréier an den Doum! Nët op eisen Dësch! Hu mit matzen an de Labrängen och nach e Stadkaméidi néideg? — Ech si fir Fridd op de Priedegtstill, wa geschafft gétt!

BOSCH *eescht*: Wie seet iech dann, datt dee muss zuschane goën? Kënne mer nët och mol Versteesdemech fannen?

LANSER: Ma do drëm geet et jo grad! Wann der et scho musst ufänken, da baut nëmme vir!

UREN: Dat mache mir, Här Lanser. — Ech sin och nach Stadhaaptmann. Wat d'Stadhaus ubelaangt...

DU FAING *ënnerbrécht e verspellegt*: Wat d'Stadhaus ubelaangt, do géift dir no-drécken? Ech verstinn! Ech muss iech son, ech si guer kee Frënd vun esou Händel, Här Kolleg. D'Stadscheffen iwwerleën sech dräimol, éier se der Geeschlechkeet op de Kiischtebam klammen. Nëmme mir wiren domm genuch! *Zum EUST. WILTHEIM*: Ärem Brudder säin Uerden as deen Drëttleschten am Land. Dir wësst ganz genee, datt do ëmmer nach d'Grousmamm déi Eelst as. Kuckt mol dene Mënsterhären am Gronn hannert d'Stir, wat déi dervun halen! Déi weisen dach och gär hir Léiffrächen! Oder nët?

EUST. WILTHEIM *muss schmunzen*: Dann haalt dir déi Leit fir esou kannerech? Mengt der dobäi bléifen déi hänken?

UREN *versicht alt nees zu Wuert ze kommen*: Do leet äre Kapp a Rou, Här Grof! E Mann ewéi den Abt vu Mënster...

DU FAING *erënnert sech u villes mateneen*: A jo, 't as wouer! *Zum EUST. WILTHEIM*: Deem gingt dir och nach schéi schwätzen! Dir hëlleft donidden den Abt wielen, an äre Brudder schreift en d'Laténgesch Bicher, an dann hale mer Handstreech. Neen, Här Präident! Nët esou! 'T deet mer leed, datt äre Brudder dat do ugestiwwelt huet. Mir solle virgoën, fir wann eieren op der Gemeng de Fue-dem rässt. En décke Sigel dropgedréckt: Am Numm vum Kinnek! D'Stad kennt ze spéit! Dann hu mir d'Pan alt erëm geklaakt. Ech hu verstan!

EUST. WILTHEIM *kritt e roude Kapp*: Glat näischt huet der verstan, Här Grof! Gleeft dir, mäi Brudder, de Kappellerechter vom Galessi, deen sech nët schummt fir heeschen ze goën, fir séng Stodenten a fir séng Leit, dee géif fir den eegenen Numm schaffen? Fir sech a säin Uerden? *Hëlt d'Pergement an de Grapp*. Wéi't schéngt, dir gesitt hei jhust eng Flaatsch Tënt. Déi kennt vun him! Ma déi derhannert stinn, dat sin der déi nët schreiwe kënnen! Déi aner huet der huerteg gezielt. Elo wësst der u wiem der sid!

LANSER *schmunzt zefridden*: Guer nët sou iwwel, Här Präident! Deen Hoke wir ewell manner. Egal, wéi den Här Grof de Mëssel gesäit, ech gesin ewell e gudde Krack méi kloër.

STRENG *gewierweg*: Gelt! Dee Mëssel léisst sech delen. E puer Steng huet d'Léiffräche jo well am Briet. An 't sin der nach fälleg.

DU FAING *mësstrauesch*: Wat heescht dat do? Ech héieren iech kommen, dir Hären! Dir kennt mir mäin Nomëtteg stielen, ma dir zwanngt mech nët, hei Koschter ze spillen. Engem Komper e Gefale man an äis eng gutt Ursaach siche wa mer d'Flichten hänke loossen. As dat dem Vollek op de Mond gekuckt! An dann och nach! As et em ënnert d'Äerm gegraff? Esou bëlleg man ech iech dat nët! Verloosst iech drop!

- EUST. WILTHEIM *ferm*: Denkt dir wat dir wëllt, Här Grof! Ma wann der vun engem hei schlecht denkt, dann dit der mer leed!
- BËTZELER *spëtterlech*: Mit deet nëmmen ee leed: Den hellege Gräin an der Piedres. Honnert Joër war en elo Stadtpatréiner! Ëmmer nëmmen hien! A batschdeg leeft alles op de Galessi. Séng Haip steet eidel. Dem Klausbrudder vum Gräinsbuer féiert der héckstens nach d'Peschtläichen dorower, wa keen et méi aushält.
- BATT. WILTHEIM *schëtzeg*: Här Barong! Déi Gräinspréssioun gët nët uge-
taascht. Versprach as versprach. Ma wou d'Leit en Zeeche gesinn, duer gin se bidden. Verwiert en dat nët, dat schwätzt nëmme fir si!
- DU FAING *krégéileg*: A géint äis!
- BËTZELER *vun uewen erof*: Den Här Substitut as nach jonk. Waart emol wann e
Président as!
- DU FAING: Da gin d'Aën em op!
- BATT. WILTHEIM: Da schwätzt en nët anescht!
- STRENG *dréchen*: Ging den Här Grof nëmmen eng Kéier léieren, een A zoudrék-
ken! Den DU FAING wëllt duerbaupse, ma e kënnt nët zu Wuert.
- LANSER *verständneg*: 'Tass nach schéi vun em, datt hien sech och nët schount. Ma
hei gesäit et sech ganz esou un, wéi wa mir äis selwer gingen e gehéierege Klép-
pel an d'Rieder geheie, wa me Nee soën.
- ELTER *iwwerluegt*: Haaptsaach as, mir wëssen emol, 't wëllt keen deem Bildche
schlecht.
- DU FAING: Jeejee? Hu s'iech dat éieren op d'Nues gehaang?
- UREN *ëmmer nach béis*: Déi Häre Wallouner sin haut nees sou virelleg! Mengt der,
déi leissen een ausschwätzen?!
- EUST. WILTHEIM *och opbruecht*: Vergiesst är Ried nët, Här Kapitän! Dat kritt
séng Kéier.
Den DU FAING kuckt en ondugen.
- UREN *zum GOUVERNEUR*: Hätt ech dat do gewosst, Monseigneur! Ech wir iech
siche komm, wa mer emol Rou am Stot hätten.
- GOUVERNEUR *schaarf, ma roueg*: Ech gin denen Hären ewell eng Véirelstonn
d'gutt Beispill.
- DU FAING *bockeg*: Da's äert Onrecht! Dertöschtfuere sollt der! Weise wien der sid!
- EUST. WILTHEIM *haart*: Do gin ech dem Monseigneur gläich Geléénheet, Här
Grof! Zum GOUVERNEUR: Monseigneur! Ech froën iech: Hu mir, de Kinneks-
rot vu Lëtzeburg d'Kraaft an d'Recht fir eiser Stad eng Patréinesch ze wíelen?
'T steet néiere geschriwwen. Ären Entscheed as äis Gesetz.
- GOUVERNEUR *steet op*: Här Präsident! Mir plangen e gutt Wierk an eise Leit hi-
rem Numm! 'T as eis eege Residenzstad, déi a Fro kënnt. Mir sin hiren heepste
Rot. Meng Äntwert as Jo. D'Recht steet iech zou, dir Hären! De Wëlle läit bei
iech. Setzt sech. DU FAING a BËTZELER kucke queesch, déi aner éischer
bekëmmert.
- EUST. WILTHEIM: Merci, Monseigneur. *Hieft d'Stëmm*: Elo wir ech da frou, dir
Hären, fir der Rei no äre Bescheed ze héieren! Sou wéi mer et hale vun Aalst
hier.
- NEUVEFORGE *héifleg*: Dir entschëllegt, Här Präsident: Wann et nët esou op der
Plaz misst sin, — *mat engem Bléck op DU FAING a BËTZELER*, déi Hären do
geséichen och an, wourëm et iech geet.
- EUST. WILTHEIM *schamper*: Wéi dacks gesi mir äis da nach, Här Neuforge? Loosst
d'Kränkt sech opdin, ronderëm, da schécken ech iech néierens méi e Buet!



ARNOULD *gemälleg*: 'T hält awer haart, sot! Wuefir brieche mer déi Saach iwwert de Knéi? Ech kann iech alles nofille, ma wéivill Zäit git der äis?

DU FAING *bésseg*: Maar de muere fueren ech heem. Ech hu Festongsrot. Wann dat iech eppes seet?

EUST. WILTHEIM *ergrëmmt*: Ma wësst der wat, dir Hären? Fir een un de Gaalgen ze knëppen, do si mir do wéi d'Mëtsch am Buttek. Eise Meeschter mam Strack koum gëscht eréischt erëm vum Tur. *Zum DU FAING*: Aus ärem Streech, Här Grof!

DU FAING *kal*: Ech weess, wien ech ophenken. E Beidelschnidder, wéi en am Buch stung. Deen as gutt fort.

EUST. WILTHEIM: Jhust! Do wou mer nët nokomme mat der Aarbecht, do maache mer d'Kräiz driwwer a fort op d'Leder! *Haart*: Wësst der, dir Hären, wéi s'eis dräi Prisongstir am Lamperwee nennen? Den Näid-Eck! Frot mech nët wien zou Eieren! Fir eng Hex op d'Hougeriicht ze schleefen, duefir brauche mir keng Véierelstonn! An da soll äis fir eng Eiereschold a ganzen Owend nët duergoën? — Elo gët berotschlot, dir Hären! An elo brauch ech keng Grommele méi, elo hätt ech gär Grënn!

LANSER *schmunzt*: Esou as et richtig! Bloost äis et roueg emol! An hei hätt dir gär en eestëmmege Bescheed? Ma dann! Da kënne mir äis drugin!

EUST. WILTHEIM *ferm*: Wann nët: Ech sot iech jo. Da stëmmen ech selwer dergëint! Da schloën ech vir, eise Pater nët ze ruffen! *Schellt. Hieft d'Stëmm*: An elo loose mer äis eens sin, dir Hären. All Wuert, wat fällt, 't dréit keen näischt no. An 't bleibt ënnert äis. *Zum GOUVERNEUR*: Monseigneur, dir huet d'Virhand. Wëllt dir vläicht als éischte schwätzen?

GOUVERNEUR *wénkt of*: Kuckt do nèt no mir, Här Prääsident! Haut verléieren ech kee Wuert ze fréi a keent zevill. Loos keen sech stéieren, dir Hären!

Een Ablack Rou, ma richteg schlecht Luucht.

DU FAING *hieft d'Hand wif*: Da man ech den Ufank, wann der erlaabt! *Steet op* Här Prääsident! Fir äre Brudder all Respekt! — Dee kennt d'Land, all Wee an all Stee. Dee siet iech nach, wat zéng Ielen déif am Buedem läit. Ech hat mäi Liewe laang Freed mat alem Geméich. Ech hun d'Reimersteng dosenteweis gesimmelt. Ma beim Pater Wiltheim, do hun ech mäin Här fond. Sid es secher! — Ech si kee Kiirchleefer, ma ech mengen, déi Häre gesinn: 'T as vun engem Frënd, wou ech schwätzen! Ma nëmnen: Heibannen huet d'Frëndschaft näischt verluer: Sou leed wéi et mer och deet! *Nees zum EUST. WILTHEIM*: Här Prääsident, ech sot iech et ewell: Ech wëllt, dee Bréif do wir vun engem aner! Well wat der elo gesot kritt, dat fokst iech! . . . Ech wëll kengem wéi din . . . ma al Steng si keng Leit. Ech wéisst nèt drop z'äntweren, ier äre Brudder déi grad esou gutt kennt. — Dee geet hei un eng Dir klenschen, wou s'em guer nèt kënnen hëllefen! Ech wéisst nèt, datt de Kinnek äis gedangt hätt fir ze bieden. Jo, dir Hären! 'T as mer décken Eescht! *Haart*. Grad elo, wou et haart op haart geet, wou d'Leit solle gesinn, datt mer Muerg an de Schanken hun, datt mer d'Gitten am Grapp behalen, datt eppes hannert der Heck as, elo di mir dee grouse Knéifall a mir troteren de Lëtzebuurger et uechter d'Land: *Breet d'Ärm auserneen*. „Kuckt äis alleguer un! Mir aarme Schof! Mir topech Sëndebéck! Eist Gedeessesems huet en Enn! Laaft séier an d'Kiirch, do geschitt iech näischt!“ Amplatz datt mer Fouss bei Mol halen an drop lassfachen! Fir sou eppes bestellt dir de Rot, Här Prääsident! Dir, dee soss deem schrootste Brigang de Bass gehal huet. Ech hätt méngem Brudder gesot: „So Alex! Sin ech hei Bëschof oder sin ech Heepste vun der Provënz?“ Dat as mir zevill, sou eppes! *Sëtzt sech*.

EUST. WILTHEIM *reeft sech zesammen*: 'T as schéin, datt der sou riichter aus schwätzt, Här Grof. Ma hieft Gedold op méng Äntwert. Si kënt. *Kuckt op déi aner*. Ech froë weider, dir Hären! Meld iech zu Wuert, wann iech gelifft!
Een Ablack stëll.

LANSER *roueg*: Dee Bréif do war jo nun nèt vu Stréi. Ma den Här Grof as och nèt an der Feel, wann e mengt, 't wir eises näischt. De Kinnek huet äis nèt duefir gedangt. Um Pabeier allzäit nèt. 'T mus ee just zougün: Mir kënnen eise Loun geschwënn nèt mei anescht verdéngen. Déi lescht Zäit, do schwätze mir an de Wand, ganz enges bei wiem. Wann ech de Stëppeler wëllt erausloossen, da freet ech iech: Hätt eise Kinnek nèt besser gehat, äis duefir ze dangen? — Mech wonnert dee Bréif elo guer nèt méi, wësst der.

BËTZELER: Ou, ou, ou? *Kuckt ronderem*: Mir wäerten dach sech nèt all Waasser zéien? Wien hält d'Land dann an der Riicht, wa mir et nèt sin? Dat elo as dees Gudden e bësse vill!

BATT. WILTHEIM *streckt d'Hand aus*: A wouhir dann, Här Barong? *Steet op*. Déi déi d'Land haut an der Riicht halen, — „an der Riicht“ as gutt gesot —, dat sin déi, déi äis fidderen! Déi nach de Mutt hun, fir un de Plou ze fueren. Fir ze méien, ze fléiwelen an ze muele wéinst eiser. 'T muss ee soë wat as: Se si batter dënn geséit. An se brauche nèt méi op äis ze zielen: Mir sëtzen am Schrauestack. Huet nach kee vun äre Leit iech dat an d'Gesicht gehäit? An dat hei soën ech iech, Här Grof: Ech hu mech nach keng Kéier brauchen ze schummen, wann ech op de Knéie souz. Wann der dat vläicht mengt. A gleeft es! Eise Monnonk Pater huet sech dee Schrack Nuecht an Dag iwewerluegt. Déi kleng aarme Schallentrëppler, déi äis nach verwinnen, déi wëllen hir Patrëinesch! Dir braucht se nèt! Abee! Well déi gedëlleg Hongerlidder se verdéngen, a well mir se néideg hun, duefir sin ech derfir. *Sëtzt sech*.

DU FAING *hieft erëm d'Hand, stronzeg*: Gemälleg, jongen Här, gemälleg! Léiert keen alen Af Gesiichter schneiden. *Steet op, zësst sech awer*. 'T mécht iech all Eier, datt der näischt op äre Monni Här komme loosst. Ma dorëm dréit et sech hei guer nèt. *Ferm*: Kommt mir nèt soen, ech géif um leschte Lach päifen! Méng

Bauere wëssen nach ëmmer wou ech wunnen. A wann dir äre wëllt ënner d'Äerm gräifen, dann as dat do keng Aart a Weis derfir. Gitt emol bei de Schmatt a bestellt iech e Päerdsdröck! An da seet deen iech, 't as gutt, ech biede fir iech, ech halen eng Néngtchen, da wiist e vum selwen! Wat sot der zou deem? Déi Äntwert hätt ech gär! Wéi 't schéngt, hu mer d'Pescht jo ewell virun der Dir! Kréie mir dann ewell keng Wuecht méi op d'Been? Mir affere léiwer um Galessi eng Käerz! — De Fransous hu mer op der Grenz! Si mer ze schléifreg fir eiser Garnisoun Been ze maan? Si mir äis ze schéin duefir? Nee, mir biede léiwer fir gutt Wieder! Ma huet sou ëppes nach e Numm? *Zum BATT. WILTHEIM:* As dat d'Leit getréischt? D'éischt mat Pabeier! A wann dat nët gräift, da mam Hellegeschäin! *Gëtt ënnerbrach, sëtzt sech.*

ELTER zësst déi Zwéin: Tjëtt Dat geet jo Pouf widder Pouf! Elo fléie geschwënn d'Fatzen. *Kuckt den DU FAING, dann de BATT. WILTHEIM:* Dir huet dach secher näischt géinteneen, dir zwéin?

Lücht. Dimmer.

NEUVEFORGE wëllt och zëssen: 'T wir schued, wa mir äis och ewell nët méi déite verdroën. *Zum STRENG:* Sid dir alt nët ze nee mam Opschreiwien, wann se hei op d'héicht Päerd klammen!

STRENG schreift virun: Pabeier ass gedëlleg, dir Hären. Ditt mech nët zevill schwätzen, soss könnt dat och nach elier stoën!

EUST. WILTHEIM: Ni een a sénger Ried stéieren, dir Hären! Ech hale keen of, sech auszeschwätzen. Deem nët ze roden as, deem as och nët ze hëllef. Wiem séng Kéier as elo, wann ech gelift?

BOSCH hieft d'Hand, roueg: Da git mir elo d'Wuert, Här Präsident! *Hieft sech.* Den Här Grof stéppelt an deër aler Wonn, déi nët heelt. Mir schreiwien äis dout Uerderer a Prëtekollen, an 't mécht kengem ee Paff aus. *Zum EUST. WILTHEIM:* Déi Wouerecht soll keen dem Här Grof ausschwätzen, Här Präsident! Déi muss äis och gesot gin, éier mer ofstëmme. Mat all eiser Dichtegkeet hale mer sou topeg hei, datt ee sech fret: Hate mir dat néideg, jorelaang Gesetzer ze knaë, fir elei ze wéimere wéi di kleng Kanner? Eis Zaldote raiberen, d'Zigeiner plömmen d'Hief, an eis Dierfer leien dréisch a brooch. *Hieft d'Stëmm:* Hu mer dat ewell bekäppt, dir Hären, datt eng Onmass vun eise Bréiwer emol nët méi ukënnt? No der leschter Schätzeng waren et dräihonnert an achzeg Dierfer, wou keng lieweg Séil méi ze fanne war. Loosst elo d'schwaarz Kränkt an d'Géigend eraschneien, dann as néirewou en Hales méi! Eis Wuecht as emol nët amstand, fir hannerem Bam stoën ze bleiwen an d'Ongeziwwer hannerécks ze joën. An nët nëmme d'Hierdercheskréimer man eis eng laang Nues, o maja! Wa bis bessert Geschir mat séngem kranke Gesénns an de Streech zitt, da mengt et sech nawell dermat. Dir wësst all vu wem ech schwätzen. Dee Virwurf bleift op äis sätzen. Op soss kengem! Un der Loutréngescher Grenz as all gudden Dag e Mëssel fälleg. Donidden un der Ganer gin eis Leit verhonzt, se kréie mat Doud an Däiwel gedreet, se gin zerschloë wéi d'Nëssäck, wann se nët deem grouse Kinnek Louis den Eed schwiiren. A wat ma mir? Mir dämpfen e Buet op Bréissel: Kommt äis hëllef! Schéckt äis nach en dausend Mann Krichsvollek bei déi Honnerten, déi mer ewell nët meeschter gin! Ma dohanne brullen se sech vu Laachen! Dee Bréisseler Rot réiert keng Oder am Leif méi fir äis. Mir si guer keng a séngen Aën. Sou läit de Fall, dir Hären!

DU FAING ënnerbrécht e Feier a Flam, well e mengt, en héil seng Säit, schléit op den Dësch: Jhust! Gutt geschwat! Dir huet d'Saach duerchkuckt, Här Prokureur! Wa mer äis déi do frumm Ausried leeschten, da féiere mer eisen Aarmutt spadséieren.

Himmelliicht. Gedimmer.

EUST. WILTHEIM verzitt keng Minn: Här Grof, näischt fir ongutt: Den Här huet nach nët ausgeschwat. *Zum BOSCH:* Un iech!

- BOSCH *ferm*: Dann héiert den Här Grof elo, datt mir nach laang nèt an ee Krack haën! D'éischt huelen ech mech selwer mam Haals, éier ech priedegen. Ma elo laut déi aner Klack! Alles hu mir op kee Fall verschëllt! Fir eis Kar aus dem Brulli ze zéien, dir Hären, gin duefir eis Tockskäpp duer? A wann der de Kinnek vu Frankräich an eis Dicher géift stiechen an em soën: „Hei! Rondrëm däi Paräis séie mer d'Pescht! Déng Fruucht stieche mer der un! An 't reecht keen der eng Hand!“ Dee wir erschloë grad ewéi mir.
- DU FAING *schëtzig*: Erschloën? Ma sot, sid dir ewell dout? Oder huet der wëlles de wäisse Fändel gläich auszehänken?
- BOSCH *getouft*: Wëlles hun ech et glat nèt, ma verspricht dir mir, datt meng Leit mir en nèt an de Grapp drécke vun Honger?
- LANSER *stëppeleg*: Mir hänken der da gläich zwéin aus. *Zum DU FAING*: Deen aner as fir déi aus der Grofschaaft dohannen. Dir kommt engem vir, wéi de Meiskinnek, deen dem Bauer d'Rad dréckt.
- DU FAING *küppesch*: All Gefréckels déngt, Meeschter! Ech halen iech Chiny unni datt dir ee Polleferhuer eidel maacht.
- BOSCH *erkritt sech*: Nèt wann een sou eleng do steet wéi mir, Här Grof!
- UREN, *deem d'Saach géint de Stréch geet*: Ech géif do éischer vu Vermessenheet schwetzen.
- DU FAING *rosen*: Elo geet et awer duer, Komper Kapitän! Wa mir zwéin nèt méi un engem Strank zéien, da pake mer an. Faalt dir engem och nach an de Réck.
- UREN *mat Widdermutter*: Wann et muss sin, jo!
- EUST. WILTHEIM *zësst sech*: Dir ditt mech alt erëm dertëschent fueren, dir Hären! Den Här Bosch huet d'Wuert.
- BOSCH *as stoë bliwwen*: Ech si gläich um Enn, dir Hären. *Méi hardi*: Ech sot iech et ewell duerch d'Blumm, ma't schéngt, 't geet nèt duer: Eis spuenesch Kroun léisst äis fueren. *Kuckt op de GOUVERNEUR, deen ofwénkt*: Ech bieten iech, Monseigneur, sot nèt neen! Dir wësst et esou gutt ewéi ech! Mir sin nèt déi, déi der Welt Stéiss gin! — Ma as dat äis nach ëmmer keng Léier? Ech froë mech, wat äis dann ofhält, fir eise Leit ze weisen: Heit! Deen douowen huelen s'äis nèt ewech! A séng Mamm soll äis Zei sin! Wa mer schons gemenkerhand Schlappschwänz sin, — nediirt, Här Grof! — kënne mer äis nèt eng Kéier zesummerafen? Un deer eenzeger Dir rubbelen, déi nach opmécht? Wou bleibt do de Kuraasch? — Do läit d'Kromm an der Heck! Kënne mir eise Leit dee Schrëtt nèt virman? Éier mer vläicht kee Wuert méi erauskréien? — Sir mer prett, der Doud an d'Fratz ze kucken? Loosst d'Luucht virun esou gällemzen, dann dréit den Doudegriewer äis dee geschwënn all Stonn duerch d'Gaass! — Si mer riicht-eraus a soë mer, mir gin eise Leit no! Si hun dee Wee virun äis fond.
- DU FAING *ënnerbrécht*: De Wee fir an den Himmel mengt der? Sid dir ewell sou wäit? — Ech hat iech méi zéi ageschat, Här Prokureur.
- BÉTZELER *schnauppeg zum BOSCH*: Wann de Generol Beck getréischt iech géif héieren, dir krit eng Priedegt, dir bräicht a keng Missioun méi ze goën.
- UREN *kal*: Dir och! Ech war säi Läitnant.
- BOSCH *ferm*: Do huet der äert, Här Barong! — Dir Hären! Dee Mann hätt haut méng Säit gehal.
- NEUVEFORGE *wéi erwächt*: Da's wouer! Deen huet sech nèt geschummt, fir tëscht sénge Kanounen ze bieten.
- DU FAING *schaarf*: Nodeem e gelueden hat, jo!
- STRENG *am hellen Äifer zum DU FAING*: Ech wëllt, dir hätt eng Kéier am Damp nieft em gestan! Wann deen Ale gebiet huet, do hätt dir nèt gemuckst!

BOSCH *fürt daper weider*: Maach keen de Geck mat den Doudegen, Här Grof! Eise Generol hat eng Kéier séng Waréng kritt. An der Galessiskapell. En huet se säi Liewen nët vergiess. Deen huet op séng Tréischterin geschwuer wéi op séng Mamm. Wann en hei önnert äis sting, — *zum DU FAING*: Dann hätt dir den Dadder kritt. Ech nët. Deen hätt iech bäibruecht, wéi déi Patréesesch engem ënnert d'Äerm gräift! . . . Wa mir emol fir unzufänke géifen zouginn, wat geschitt as! Nenne mer endlech déi Höllef beim Numm, déi mer kruten! Wa mer virun zwanzeg Joër d'Stad gehal hun, wéi de ganze Mierscherdall voll Fransouse luch, da wat et duerch si. Si huet d'Leit opgericht a soss keen! A si huet Wuecht gestan! Ech glewe fest drun, dir Hären! Ech misst derfir sin, a wann der all dergéint wiirt. *Sëtzt sech.*

ARNOULD *erféiert*: Wa mir all dergéint wiren? *Zum BOSCH*: Dat kënnt nët a Fro, Här Prokureur. *Hieft d'Hand, zum EUST. WILTHEIM*: Ech froën d'Wuert, Här Präsident. *Dee wénkt Jo. Den ARNOULD steet op*: Ech gin éierlech zou, 't wir mir nët an de Kapp komm, fir eis Tréischterin Patréesesch ze man. *Zum PRÉSIDENT*: Ech war paff, wéi dir dermat gefuer koumt. Ma elo soën ech mer: Wa mir déite Raute wenken, — da misste mer äis d'Ondugenheet awer bal op d'Stir schreiwen! Kann dann och ewell e Gebiet eisem Recht en Ofbroch din? Wien äis héiert schwätzen, dee mengt wiirklech nët, dat et Jore gouf, wou d'Léiffrächen hier zwielefdausend Kaschtgänger hat, um Galessi. Wir eis Plaz do nët matzen dran? *Eescht*: 'T géif een och nët mengen, dir Hären, datt eise Pater Brocquart nach keng hallef Dose Wënter ënnert dem Buedem läit! *Zum DU FAING*: Waart dir kënne mat deem, Här Grof? Un deem konnt der gesinn, datt nach eppes méi Staarkes gëtt ewéi d'schwarz Kränkt. Deen huet déi vun vun sech ofgereselt ewéi eng Héngerhaut. *Sëtzt sech.*

DU FAING *queesch*: Dee gléckleche Mënsch! Da war dee secher nët vu Kréng. Wann ech deem séng Geschicht op d'Wuert hät misste glewen, ech hätt d'éischt gefruede, wou de Kapp mer sting. Mäin Herrgott huet nach ëmmer fond, ech misst ouni Wonner eens gin. E gutt gepaweete Réckstrank misst mir duergoë, sot en.

BOSCH *dréchen*: Sot en? Da wäert bei iech d'Fudderduch sou bal nët räissen.

STRENG: De Pater Brocquart hat op alle Fall Zeie genuch. Owes nach op der Doud krank, an éi der Do koum: D' ganzt Geschwill wéi wechgeblosen.

BÉTZELER *verkuerbelt*: E bësse lues, sot! Wéi et geheescht huet, en as d'Pescht meeschter gin, ech hu mech ferm un de Stull ugepaakt. Ech gin iwwerzeegt a méng Kiirch. Ma de gudde Glaf, doe mécht déi gelungensten Tricken! Wann der iech vun enger Kränkt erkritt: Wie seet iech, wat der hat, a wien huet iech et ewechgeholl? — Bei äis dohem verzielen se jhust datselwecht vum hellege Wëlpert! Owes de ganze Läif ee Roff, een Eeter, — deen anere Muere glat ewéi eng Schneid. An da lafe se bieden. — Nëmme wat kafe mir äis dervir? Sid dach verstänneg!

EUST. WILTHEIM *opbruecht*: Ma waart dir deemools derbäi, Här Barong? Huet dir de Pater vläicht gesin do leien? Wéi on opstung, d'eegent Klouschter huet e gefaart wéi eng Läich.

BÉTZELER *poterech*: Nu gitt iech awer!

DU FAING: Sou hueseschreckeg si mir nët.

GOUVERNEUR *esou rosen, datt kee méi apst*: Dir schwätzt vun engem Eieremann, dir Hären! Mir hätten em allzäit d'Waasser nët gereecht. Haalt iech e wéineg am Zam, wann iech gelifft!

BATT. WILTHEIM *gëtt rout*: Dat sot der gutt, Monseigneur! *Zu DU FAING a BÉTZELER*: Hätten déi zwéin Hären do de Pater kannt, se héilen en nët esou erbäi. Wann deem Mann säi Glaf och keng Bierger geréckelt huet, op alle Fall huet e Kiirche gebaut.

De GOUVERNEUR seet näischt, ma e wénkt Jo.

EUST. WILTHEIM: An 't sin nët déi lescht.

- ARNOULD *frou, datt een e stüipt*: Nediirt! Ech mengen, dee Mann brächte mer guer nèt op d'licht Schëller ze huelen.
- LANSER *gemälleg*: Ech hale wuel jo! An deem sänge Priedegten, do gouf eppes lie-weg.
- BOSCH *trouschtmiddeg*: Ja! Datt nach een un déi denkt! Wann dee Missioun hat: All Owes d'Kiirch voll wéi Stébs. Se hätten en ugeréiert ewéi en Heeltem. An haut ging et ewell heeschen: „Schwamp driwwer!“?
- NEUVEFORGE *erënnert sech*: 'T ass wouer. Dee krut iech Feier a Flam. A jidderee frot sech woumat! Deemols, wéi e Steng geheescht huet fir séng Kapell, wéi hat en zum knékege Kréimer gesot? Dee Gäizhals geheit sech do vrun en an d'Broscht a freet: „Häss d'och noch gär mäin Häerz?“ — „Gëff et heihin“, sot de Pater. „Dann hun ech alt ee Steen!“
- ELTER: Dat do as de Pater wéi duergespaut! Den huet dene Stater et lafe loosst. Zapperlout!
- EUST. WILTHEIM *wénkt Jo*: 'T as schued fir all Streech, déi laanscht gaang sin.
- DU FAING *kazeg*: En hätt äis sollten elier vernenne kommen, da wir hei manner geschlof gin!
- UREN *krautdréchen*: An dann hätt dir gefollegt?
- DU FAING *stronzeg*: Zielt elo keng Fumm! An dann hätt e sänge Porkanner sollten antriichtenen ze maë wat mir s'ustellen: Da gin et en och e gudde Schotz besser!
- EUST. WILTHEIM *schamper zum DU FAING*: Dir huet nu wiirkelech gutt déck halen. Här Grof, fannt der nèt? — T'eischt sot der, d'Kiirch wir eis Aarbecht nèt, an da wir s'iech nawell grad gutt genuch, fir äis d'Aarbecht ze man. *Haart*: Ma eppes héieren ech eraus aus ärem Gespréich: Mir sin eng lidderech Zuucht! Gelt! Dat wollt der jo soën!
- GOUVERNEUR *ferm*: Nun haalt iech awer nèt drun, dir Hären! Fir ënnert äis béist Blutt ze man, duerfir sin ech nèt komm. Dir secher och nèt.
- DU FAING *steet op; haart zum EUST. WILTHEIM*: Här Prësident, bei déi „lidderech Zuucht“ do: Hun ech mech do selwer derbäi gezielt, jo oder neen? *Méi wotelech*: Wann dat iech elo gefoxt huet, dann entschëllegt, dir sid där keen. Dir huet Fouss bei Mol gehal. *Sëtzt sech*.
- EUST. WILTHEIM *gerëselt*: Här Grof, dir waart grad esou. Entschëllegt dir och. ma mir därfen nèt heibäi stoë bleiwen, dir Hären! Ech muss iech alleguer-te froën. An 't as fir mech am battersten: Wat haalt der vu méngem Brudder séngem Bréif? — Ech gin d'Wuert virun. *Zum NEUVEFORGE*: Elo wir et un iech, Här Neuveforge. — Ech lauschteren op äre Bescheed.
- NEUVEFORGE *hieft sech, opgereeht*: Ma Här Prësident, ech mengt, dir geséicht mer et ewell of. Ech wëll dach ärem Pater beileiwe nèt am Wee stoën. 'T kënnt och fir mech onerwaart, ma 't as eendun. E freet äis dach e gutt Wierk. Stéits a stänneg as en um Dill derfir. An dat solle mir em veromfachen? Ech däerf ich soën, dir Hären: An der Kapell douewen... do steet nach en Altor! Deen huet m'äi Brudder gëfferlecher Gowe gin! Fir der Léiffrächen eng Freed ze man! Ech ging nèt houfreg hei eraus, wan ech dat misst leechnen! *Zum DU FAING*: Wann den Här Grof mengt, déi Geeschtlech hätten sech schlecht erausgezunn an eisen Aën, dann as en um Holzwee. Wann ee Bauer a Stiets un d'Häerz leet, äis nozelauschteren, da sin si et. Nach all déi Zäit elo. Ech kenne Schlässer, wou eis Uerdenanzen zum Schaaschtech aus gin. An de Kiirche gi s'ëmmer nach virgelies! A wann der ausgerechent dem Pater Broc-quart wëllt den Ducksall stébsen, een dee sech all Stee vu senger Kapell mat sänge Longe verdéngt huet, dann hale mer op! Dat wir dann eise Merci fir d'Pa-sioun an hir Léier! An de Pater Alex wëllt emol guer kee Merci! Dee schreift nèt wéinst senger! Wéivill hun der a Gedanken dat Blietchen do matënner-

schriwwen? Dat weess guer keen! *Kuckt op DU FAING a BËTZELER:* An da sollt der emol déi zwéin Hären dohanne froën, ier s'ewell vergiess hun, wéi mir selwer, vrun e Jor er zéng matenee mat der Prässioun op Arel gungen. Och bei d'Tréischterin! Déi Areler hun äis do eng virgemaach! Déi halen eppes op hir Léiffrächen! Si hu se zur Patrëinesch gewielt! Kréie mir dat nët ronnt?

DU FAING *kontert gläich:* Alt erem déi al Leier. Den Areler Schefferot, mäi léiwen Här, dat si mir nët! Wann dee Lëtzebuenger sech s'och wëllt stëmmen: An der Rei!

NEUVEFORGE *paréiert:* A wie si mir da schons? Deemools huet keen hei gefrot, ier de Kinnécksrot sech géif erofsetzen, wann e beim Bittgank derbäi wir. 'T war Krich! 'T huet kee sech laang fléiwe looss. Ech ging fannen, des Kéier wire mer äis schëlleg, méi fréi aläert ze sin, wa mer Hëllef begieren. *Sëtzt sech.*

DU FAING *nees gutt granzeg:* Déi Kéier, wéi d'Prëssioun op Arel gung, du koum s'op alle Fall ze spéit un.

BËTZELER *käppesch:* Montmédy huet sech duefir awer ergin. 'T war ees wéi ees.

DU FAING *zum GOUVERNEUR:* Jhust! An äre waakrege Kapitän, deen der do leien hat? Deen huet wéinst eiser an d'Gras gebass!

GOUVERNEUR *erféiert:* Eise Jean d'Allamont? — Op deen Haaptmann war ech houfreg!

DU FAING *haart:* Hien nët op äis! Fäert nët! Eis Lëtzebuenger Mëllechzoppen hu soss näischt konnt, wéi bei d'Léiffräche kräische goën! 'T as schued, datt esou e Bildchen nët schwätzt! Wësst der, wat et dene Lëtzebuenger Schlappschwänz gesot hätt? *Nach méi haart:* „Leit op elo! Laaft denen eng Hand upaken, déi sech dohanne fir iech verbludden!“

NEUVEFORGE *getouft:* D'Bildchen huet bis haut nach kee fortgeschéckt, Här Grof.

DU FAING *jäizt:* Ech soë jo: Kënnt et nëmme schwätzen!

GOUVERNEUR *rosen:* Ech bieten iech, Här Grof, weit är Wieder! Ech war selwer mat bieten. Der wësst et vläicht. Wou waart dir deemools, wann ech froën däerf?

DU FAING *äiskal:* Ganz eleng. Tösch Doud a Liewen. Am Scharlakeféiwer, Kiirfechsblummen op béid Baken. Do hun ech iech nët brauchen ze ruffen, dir wiirt nët komm! Duerch d'Fenster hun ech méng Dierfer der Rei no gesi brennen. A wéi d'Feier bis aus war, du koum engem de Saaft erëm.

GOUVERNEUR *schuddert sech, iwverleet nët, wat e seet:* An iech koume soss keng Gedanken, Här Grof? — Waart! Wann der emol mat der Pescht do leit! Da gitt der e Kapp méi kleng.

DU FAING *wéi zu engem Kann:* Jo, wënscht engem déi och nach! *Déi aner réiere keng Oder. Lues:* Ech mengen nët, datt ech vill Kreesch din. — Op ménger Kummer, wësst der, do hun ech nach esou een henken, dee seet och näischt. Deen hun se flang un d'Holz geneelt. Mir kucken äis alt heiantdo, a mir fuere ganz gutt mateneen, mir zwéin. *Gët dem GOUVERNEUR seng erëm:* Ma wann dir mat biede waart, Monseigneur: Sid dir iech ënnerwee nët gelungen virkomm? *Alles paff. De GOUVERNEUR steet entsat op, ma kritt vu Roserei kee Wuert eraus. Den DU FAING hieft sech och. Se stin sech een Ablack géint-iwwer.* Huet dir et gewot, är Stad eleng ze loossen an esou grujhelejen Ëmstänn? Är Zaldote bleiwe jo emol nët an hiner Kautsch, wann de Wuechtmeeschter en nët erlaabt, uechter d'Dierfer reiberen ze goën! *Den UREN wëllt och an d'Luucht goën, ma en huet sech besser am Zam wéi de GOUVERNEUR.* Stung iwverhaupt eng Wuecht op den Tir, wéi der gungt? An da gitt der ee Schreiwes nom aneren eraus! Géint d'Zigeiner, déi stielen a sengen! Ma d'Stad leeft voll! *Kuckt se nëmmen an d'Gesicht!* An sou Mënscheschënner kréien är Bierger an d'Haiser, an d'Quartéier! Ma déi sti jo eng Häll aus mat deem Pak! Stëmmt

dat, Monseigneur? 'T gin elo dräi Joër, du hun ech iech dat schréfftlech an de Grapp gedréckt. *Verspellegt*: Sot mer, as bis elo eppes dergéint geschitt? As et zënterhier eng Grimmel anescht gin? *De GOUVERNEUR* sicht no Wieder. *Den DU FAING dréit sech zum UREN*: Här Kapitän! Dir, de Lëtzebuenger Kommandant, am Kinnek séngem Numm! Sot mer op Eier a Gewëssen, hun ech Recht? *Jäzt*: Oder léien ech? Ech bieden iech, schwätzt! *Alles sëtzt steif do.*

UREN *hieft sech, riichteraus*: Dir sot d'Wouerecht, Här Grof!

DU FAING *éierlech*: Merci!

UREN: O do mat geet et nët duer! *Rosen*: Als Kapitän vu Lëtzebuerg dot dir mech hei zeien! Da gët uecht, wuer der triet, elo! *Grad esou rau wéi d'éinescht den DU FAING*: Här Haaptmann vu Chiny! An ärem Streech, do kruwwelt eng Band vu welsche Strauchmäerder. Fraleit a Kanner schluachten se! Wat huet der mat e gemaach bis elo? Däerf ee froën? Wou huet déi Landplo hire Lär, déi eis Fouerleit iwwerfällt an eis Hief zu Staf an Äsche brennt bis hannert Arel?

DU FAING *äiskal*: Här Kapitän, op méngem Stackhaff do gett et eng Dält, déi nennt sech „am Fransousegronn“. Ech gin iech e Spuet, da grueft der do: Ech si gespaant, ier s'ewell vermuuscht sin. Ma ier der kucke kommt, ech gin iech dee gudde Rot: Mat et d'éischt no!

UREN *bal vu sech*: Här Grof! Gin ech hei verdommt?

DU FAING *kuckt en een Ablack, wéi wann et em leed ding, ma bleiwt stur*: Da wiert iech! Fir d'Wouerecht kann ech nët. *Sëtzt sech.*

UREN *iwwerwënnt sech*: Ma dir ditt engem wéi dermat. *Sëtzt sech och.*

GOUVERNEUR *steet ëmmer nach do, ziddert*: Här Grof! Wa mir zwéin äis nët sou laang géife kennen, da seet ech, dir méicht dat do mutwëlleg. *Hélt nees Plaz.*

DU FAING *zéi*: Da wësst der jo awer, datt et nët gär geschitt.

BOSCH: Datt seet sech gutt hanneno.

ARNOULD: Ech mengen och. Muss dann hei een deen aner kraze wéi en Däreldéier?

DU FAING *kregéileg*: Dee sech dru reift, dee pickt sech.

LANSER *kal, mat Spott*: Do misst een awer ewell Gréngs glëschten. Fir wat eppes breettrëppele wat jidderee weess? Eenewech gerot der déi Schëlleg nët!

DU FAING *rau*: Heielei!

ELTER *ferm*: Majo klor! 'T as ofgedresche Stréi, dat do.

DU FAING *geet an d'Luucht*: Dir Häre, wat jidderee weess, dat geet jiddereen eppes un! An ech halen nët op, iech dat an d'Gesicht ze geheien, dees der erwächt!

STRENG *leet d'Fieder nidder, packt sech nët méi*: Abee, ech däerf iech alleguerte soën, dir Hären: Ech wëllt, ech hätt de Mëtteg hei keng Fieder geféiert! Wa mäin Eed mech nët géif bannen, ech hätt se haut an en Eck geklaakt, an ech wir ménger Wee gaang. An dat nenne mir nach e Rot, dat do?
Himmelliicht. Dimmer.

EUST. WILTHEIM *mat leschter Kraaft*: Haalt dir wéinstens nach duer, Här Sekretär! 'T as mir esou ongemälleg wéi iech. *Zou en all*: Ech muss iech et op en Neis soën, dir Hären: A wann der iech an ärem eegene Widdermutt erstremmt. — mir mussen äis haut schlësseg gin. Eng zweete Kéier léien ech dee Bréif nët vir. *Alles berouegt sech.* Ech muss iech all héieren, éier mer ofstëmmen.

UREN *hieft d'Hand, steet glüich op*: Da kommen ech elo drun, Här Präsidant! *Zum DU FAING*: Wann eis Zaldoten och schons näischt entdaachen, Här Grof — an 't as esou! —, wann ech mech deër wuedegrämmeger Band schons muss schummen, — *hieft d'Stëmm*, ménger schummen ech mech hei nët gär! Mir

as och nët ze geréng, fir ënnert dem Hellem d'Kräiz ze man. *Erëm zum DU FAING.* Ier d'Kanoune geluede sin oder nët. A wann der iech virkommt wéi déi kleng Kanner, ech soën iech: Wielt är Patréinesch! Hir Zäit as do! Wann deen douewen iech nawell sollt sëtze loossen, da wäert e wesse wuefir. Ma wann eise Kinnek äis ewell verlooss huet, da weess en nët wuefir. 'T as en topegt Kand...

GOUVERNEUR *entsat*: Här Kapitän! Mir sin hei am Kinnécksrot...

UREN *hafteg*: Dästebesser, Monseigneur! Da gëtt et och verstan! An déi Schmantleckerten, déi dat Kand em sech huet, déi verdéngen der e puer Säfteger mat der Baatsch...

STRENG *hält op mat Schreiwen, dréchen*: Alt erëm eppes, wat nët däerf stoë bleiwen.

UREN: Méngetwegen. 'T kann och nët méi vill déngen. Hei zu Lëtzebuerg danzen ech mat dene Medercher, déi ech hun. Ech hause mat deem Zaldotepak, Här Grof, dat är Kees mer bezillt! Mat esou eppes soll ech dann erëmbaupse, wann d'Stad bis agekesselt as! En alen Dreck! Verzaapt soss engem déi do! — 'T esou, Monseigneur! D'as och Zaldotesprooch! Vrun äis braucht der nët ze man, wéi wann s'iech friem wir. Wéi ech héieren, as haut en Dag, wou se sech d'Wourécht an d'Käpp puchen. Dat do wir dann e Batz. Een as deen anere wäert. *Zum DU FAING AN zum BÉTZELER*: Nediirt, dir Hären!

DU FAING *emol eng Kéier nëmmen hallef ongemelleg*: Sou gefaalt der mer!

BÉTZELER *wénkt Jo*: Hätte mir deër Deeg méi dack! D'Luucht wir geschwë proper.

UREN *fiert virun*: Ech soën iech mäint elo nach eng Kéier, Här Prääsident! Zënter de Mueren huet der mäi Wuert: Elo léisen ech et an. *Weist op d'Affekotesäit*: Mir hu véier Hären dohanne sëtzen, dei derfir sin. Huelt mech als fënnften. — Dir kënnt frou sin, datt der iwverhaupt nach gefrot git! 'T as méi spéit wéi den Zär weist! Wéini datt d'Auer ofleeft, ech weess et nët! Wa maar dee mat der Séissel vrun der Dir hält, dee brauch ech keng Paroul ze froë fir eran. *Hieft d'Stëmm*: Ma wa bis e fransésische Kanonéier mech se freet, dann deet méng Mauer et nët. Déi as sprock!

Sëtzt sech.

Himmelliicht. Gedimmer.

DU FAING *erëm spannebéis*: Sprock? Ech kennen där nach! Wann dir dobäi sëtze bleift! Wat huet der bis elo geknécht? D'Juddepaart zougestoppt amplaz eng Schauteng virdrun ze riichten! Nach e puer spuenesch Tirercher iwver de Pafendall gepecht, amplaz déi freeschlech Braken am Breedewee ewechzerappen! Dir mat dene fransésische Kläpper jo de Mond wässereg!

UREN *brëllt zrëck*: Ma schlot dir d'Gold aus engem Steen? Sot, déi Bréisseler sollen es späitzen! Déi schwammen am Fett dohannen!

DU FAING *gët sech nët*: Ëmmer déi selwecht Gei! As de Polfertur wéinstens vollgetesselt?

UREN: Ma woumat dann? Kee Mount halen ech stand, wann et elo aschléit! An 't as drop an drun!

GOUVERNEUR *gerëselt*: Gutt 'datt dir dat 'lo sot. Ech hätt et nët erauskritt. *Wëscht mam Schnappech iwver d'Stir.*

DU FAING *uerg*: Elo as awer d'Mooss voll! *Hieft béid Hänn*: Dir Hären, soll ech mech vläicht och nach fir iech schummen?

EUST. WILTHEIM *ziddert, ma gët sech kal*: Maacht dir dat, Här Grof! — Ma den Här Kapitän schléit de Nol op de Kapp. Dat Wieder, dat iwwert dem Frankräich bruckt dat sidderzt nët méi laang. Dat kraacht op äis erof. Diddenewen hun s'am Sak. Mengt der, et bléif dobäi? Mir sin zu dräi heibannen, déi derbäi ware, wéi äis zu Metz dem Sonnekinnek séng Wënkelaaffekoten un d'Guergel gespronge sin.

Luusseg: Dir kennt se dach, déi Muergessonn vu Frankräich! Dee Kleedergeck, dee sech hält ewéi wann en e Luedstéisser verschléckt hätt! All Muerges de Bamkuch schéppeweis a sechsmol des Daags d'Parrek gewiesselt! Deen Här deelt mat de Lëtzebuenger wéi déi Piissénger mat de Kueben. — Här Lanser, dir waart mat dorower. Dir och, Här Streng. — Loosst mech elo nët am Plang! Ech hätt ni gemengt, datt ech wéinst enger gudder Sach esou eng Uluecht bräicht. *De LANSER hieft d'Hand*. Här Lanser, wann iech gelifft!

LANSER steet op: Mir sin nach do, Här Prësident! 'T as een dach och zu Metz zuwee komm. *Zu den adlege Rootshären*: Wann dat déi Häre vläicht émsuedlen deet, wann ech hinnen der Dout nach eng Grëtz méi gräisslech molen, ech wëll! Dir wësst jo wat de Fransous elo fir d'éischt aschleckt? Neischt manner wéi eist Nascht. Dat as de We fir op de Rhäin! Dir kennt déi nei Manéier fir Fridd ze man? Dir friisst d'Nopeschland zu Botz op. Wuelverstan, schéi mäifelsweis, nët datt der musst gierksen. Dann as et äert. Der loosst jhust e puer Muedebetz rescht, datt déi ufänke gutt ze grezen, an da fänkt der dowéinst Sträit u mam zweete Noper. *Elo kënnt et em fräi vun der Liewer*. *De GOUVERNEUR as paff*. Wéi se sech deemools donidden an de Pyrenäen d'Patte gerëselt hun, de Fransous an de Spuenier, an hir Kanner nach verkoppelt hun derbäi, du huet mir well näischt Guddes entount. Ech duecht: Wann de Louis vu Versailles säi spuenesch Märr-Tréis heemféiert, mäi léiwe Kinnek Flëpp, da loss der et alt nët afalen ze stierwen, dees du häss der Duechter hiirt Hellechsgutt bezuel! A wanns de muss léine goën, lee dat Kand of! Soss hëlt den Eedem sech, wat et nët kritt! Dee gripst der dem Tréis séngem verschoterte Bridderchen séng Provénzen eng no deer aner! A genee sou as den Hues gelaf: Fir unzufänken hätt en emol gär d'Flamland an d'Fräigrofschaft. Da's jo nët alles! Ma wann eise klenge Kinnek Karel esou spizeg bleift wéi en as a virun der Zäit an d'Lued geet, da gesitt der mol! De grouse Louis hält och nët viru Spuenie stall. *Schmotzlächelt*: Esou eppes nenne mir Affekoten eng Ierfschaaft, dir Hären. Ma op gutt Lëtzebuergesch as et gemenge, verfroossene Geier! Léiert mech déi Band nët kennen, déi äis do op d'Fiisch klëmmt. *Zum DU FAING*: Dir kennt s' op der Gewan, Här Grof! Ech hannerwands! *Ferm*: D'Land kruwwelt ewell vu Spiouen. Vir geleckt an hanne gekraazt. Soll ech iech emol een nennen? *Verhuelen, luusseg, zum UREN*: Kuckt emol ärem eegene Kellermeeschter an d'Gesicht, Här Kapitän! Wat sot der vun deem?

UREN versteet direkt: Ech hun dee Mann am A, Här Lanser. A ferm um Stréch.

LANSER berouegt: Deem säi Gaalge steet prett. Ma wéiviel schläichen der doruechter, wou kee weess? A frot iech nëmme keng Hëllef! Déi Bréisseler hu wëllegen a genuch am eegenen Trach ze kieren. An a Spuenien as d'Kroun geschwënn am Solper. *Himmellücht*. *Gedimmer*. *Mat Iwwerleës*: Wann ee gesäit, wéi engem säi Land u Gedriff an u Saaft verléiert, da's méi uerg nach ewéi der schwaarzer Dout. A wann en hei matzen am Sall sting. Deem wir Däitsch a Welsch enges, ma dem Goldlouis nach laang nët. Wësst der, wat mer a méngen Aë sin? Verroden. Sou mengen ech. *Déi aner gi verspellegt*. Ma wann der mech wëllt zou Enn lauschteren: Wat eis Léiffrächen ugeet, ech sin er selwer nach e Merci schëlleg. Wann een esouvill mat Näischnotzen ze din hat, da krut ee manner Zäit ze bieden ewéi et engem léif war. Wann et heescht, engem de Bass halen, dat mécht sech schlecht mam Vadronser. Ma wa kee gutt Wuert méi gräift, da fueren ech mer alt esou elier an d'Broschtentäsch... *Zitt et Wutz vu sengem Rousekranz eraus*. Sou loosst der an där schlëmmster Raiberhiel är Kräll falen. Laaches Monds och nach. Déi aner mengen dann, ech géif nom Drénggeld sichen. Ech gesi guer nët, fir waat mir hei nët kënne weisen, datt mer nach bieden. Eis Leit däärfé roueg spieren, datt mer enges Sënns si mat hinnen. *Zum DU FAING, dee géint säi Wëll schmunzt*: Dat hält äis guer nët of, fir de Kieler unzedin an derwidder ze goën! *Sëtzt sech*.

GOUVERNEUR deem et wullt: Ganz a guer nët, Här Lanser. — Wann de Pabeier sech och schons diebelt, wann dir do äre Landshär noneemacht, — 't soll mech haut nët stéieren.

LANSER spaasseg: Da kommen ech besser ewech, wéi den Här Kapitän elo éineschter. Dir gitt awer nach eng Kéier eiser een, Monseigneur! *Zum STRENG*: Den Här Streng brauch jo nët grad alles matzekrozelen.

- STRENG *als ale Frënd*: Ech sin nët esou schamper wéi mäin Numm.
- EUST. WILTHEIM *fënnt seng Rou erëm*: Dir huet mer mat deen déckste Stee vum Bockel gehall, Här Lanser. Wann ech elo selwer Bescheed gin, *steet op*, da brauch ech är Ried nëmme z'ënnerschreiw. Ech setze nach jhust een Ausstreech hannendrun. *Spillt séng lescht Tromp*: D'Pescht, dir Hären, déi mouerzt ewell hanner dem Gréngewald. Dat wësst der. Ma den Heckebugaasch aus dem Frankräich, dee läit grad esou no! Dat gitt der dann elo gewuer. *Alles fiert an d'Luucht, bis op BATT. WILTHEIM, UREN a STRENG*.
- DU FAING *spréngt op, rosen*: Wou? Wou dann? Sin déi Honn éieren ewell iwwer d'Grenz? A mir kucken no? *Sëtzt sech nees*.
- BÉTZELER: Geet dat äis näischt un? Wat sot der engem dat nët?
- GOUVERNEUR *stäipt sech iwwerem Opstoën*: Här Präsiident, wat heescht dat do? Wat si mir näischt gewuer gin?
- EUST. WILTHEIM *ganz säin eegenen Här*: Fir datt jidderee säi Kapp behält, Monseigneur.
- LANSER *dee Bescheed weess*: T' war besser esou, gleeft mer es.
- DU FAING *géhëtzig*: Domat weess ech elo nawell kee Fatz! Wou brennt et? Wou?
- EUST. WILTHEIM *lues*: 'T si méng Leit vu Walbriedmes, déi schécke mer hire Buet. De Fransous as um Kommen. De Stuerm op Roudemaacher as nach eng Saach vu Méint, vläicht nach vun Deeg. *Sëtzt sech. Himmelliicht. Gedimmer*.
- BÉTZELER *verdaddert*: Sou eppes lieft nët méi!
- UREN *spëtterlech*: Nun nëmme kaalt Blut, Här Barong! Dat stëmmt op d'Wuert.
- DU FAING *rosen*: Dir wosst et och? Wat sin dat do fir Saachen? *Zum PRÉSIDENT*: Doriwer hate mir haut ze dedegen, héiert der? Amplaz Dribsal op den Noute ze blose wéi d'Mummentréischer!
- UREN *kal*: Wann der drop haalt, fuert dorower op de Kanounenhiwwel, Här Grof! Da kuckt der, ier méng Biddie prett stin an ier d'Hobitze geschauert sin! An da kommt der erëm, an da sot der, 't wir an der Rei! Fir mech as déi Noriicht do al. Fir den Här Präsiident och.
Den DU FAING kuckt ewéi e béise Geescht.
- NEUVEFORGE *getraff*: Fir äis awer nët, Här Kapitän. Verstitt dat! *Zum Rot*: Wann ech eppes roden, da behal nëmme jiddereen et fir sech! Eis Bierger sin ewee aus dem Haischen. Do wir eenzock d'Stad an der Wier.
- BATT. WILTHEIM *ferm*: Ma secher dat! Deen Trawolt kënnt nach ze fréi. *Eescht*: An elo wäert der gesinn, wéi d'Bildchen um Galessi äis e gudde Frënd gët. Ech menge mir huelen et geschwënn eran.
- BOSCH: Mar de Mueren, wann et mäint wir.
- GOUVERNEUR *geschloën*: Dir gët de Bescheed gläich no Bréissel, Här Präsiident! *Sëtzt sech*.
- ELTER *queesch*: Zu wat fir engem Hellegen dann nach? Sot emol!
- EUST. WILTHEIM *roueg*: 'T as ewell laang geschitt, Monseigneur. *Zum SEKRETÄR*: Gelt, Här Streng?
- STRENG: Virgëschter. Wann et och schons ewechgeworfent Geschreifs as! Déi fänken de Gäppchen dermat un.
- ARNOULD *getouft*: An esou aarmséileg sëtze mir hei!
- DU FAING *opgedréit*: O, ech nët méi laang! Mar reit deen hei hellewech iwwer an d'Groofschaft. Do as et elo wou et gëlt! Da kënnt dir hei esoulaang deesseme wéi et iech passt.

- LANSER *fuusseg*: Tréischt iech fir haut! D'Buerg Roudemaacher steet nach. Ma wann s'eng Kéier fällt, da sot der, dir hätt et gewosst. D'as eist Lous. Déi an der Buerg hun eisen Uerder: Mat d'Paart zou! Wa mer et packen, da kritt der Hëllef. Wa mir äis an eisem Steekoup sou zéi wieren, ewé déi Roudemaacher, da kënne mer äis mengen. *Ferm*: Ginge mer nëmmen den Owend eppes Klengs bäiléieren, da kéime mir och alt vläicht vu Plazen.
- EUST. WILTHEIM *mécht dem Gezierkels en Enn*: Dann huet dir d'Wuert, Här Streng! Dir sitt dem Här Lanser Zeien. Der mat äis allebéid e gudde Bierg.
- STRENG *steet op*: Dee war ech iech emol eng Kéier. Eier s'äis zu Metz geplëmmt hun. — Mäi Bescheed wir am Fong nët néideg, wann dee Misär mat Roudemaacher déi Leit ewell dronke genuch mécht. Ma dir kritt en awer. Ech sin nët vir vill Dausch, dir Hären! Wann der gär geschwënn als Fransous erwächt, da gitt op Metz a loosst iech emol mat Genoss op d'A drécken! Ma wann der gär spuenesch bleift, da maacht d'Kräiz a biet! Well de Spuenier huet geschwënn den Tommel. A mir hei sin nët sou déck do, datt mer dem Louis laang d'Stiir weisen. *Ferm*: Mir man et, jo! Mir geheien d'Klëppelen nët bei d'Tromm. Ma ee gudden Dag gi mir am Lär geholl. Da's sou secher wéi Amen am Gebiet.
- DU FAING *onverhutts*: Awer haut a muer nach nët! Wann dir nëmme wëllt! Wann der virun driipst an d'Daumen iwwereenee wéckelt, da ganz bestëmmt! Baut eng nei Front op d'Areler Glécht! Huet den Echer Bierg ënner Feier! An da loosst s'emol kommen! De franséische Louis weess och, wat eng Festung Lëtzebuerg wäert as. Soss wir en nët ewéi bänzeg drop aus! Späert iech an a loosst d'Kugele päifen!
- UREN *haart*: An d'Leit loosst der brëlle vun Honger? Ech hat ewell vill Kaschtgänger, ma nach keng déi näischt giess hun. Der wësst esou gutt wéi ech, datt kee Brout gewues as!
- DU FAING *däreg*: An är Leitsgeheier klauen de Baueren d'Kuuschten aus der Hatt! Seet dat iech näischt? *Well den UREN d'Antwort nët parat huet, nach méi ugrëffeg*: Wann är Reiber ee kal maachen, da rennen s'an d'Kiirche, wou kee Geriicht däerf eran. An hir eegen Offizeier haën s'aus de Leit eraus, eier se geholl gin! Wësst der näischt dovun?
- UREN *hafteg*: Da's mäin Handwierk, Här Grof! Mäi knaschtegt Handwierk! Mäint an äert och!
- DU FAING: E besse lues! Ech géif deem Pandouer et unhänken, deen dem aarme Jhang an de Broutschaf kéim. Wie mir déi do liwwert, dee kuckt sech awer deen aner Dag de Ribbegaart vun ennen un! Awer doutsecher! Ma dir mat ärem Gefiedermechels, dir gitt déi Krätzbéck nach féischteren!
- UREN *packt sech nët méi*: Här Grof! Haalt op mat ärer See! Dir dreift een op den Bam dermat!
- DU FAING *kal*: Kuckt dir iech emol an de Spigel!
Den UREN steet beleedegt op.
- EUST. WILTHEIM *am Äifer*: Dir Hären, ech wäert iech secher nët missen auserneehuelen! Sid stëll! An elo gitt iech d'Hand, wann iech gelifft!
Den DU FAING steet verspellegt op a streckt dem UREN d'Hand dohin. Dee rëselt se. Dem GOUVERNEUR verseet d'Sprooch.
- LANSER *roueg*: Wann een deem aner Zortësse mécht, dat hëlleft äis doutsecher nët iwwer de Bierg.
- BOSCH *trouschtmiddeg*: Wien de Mëtteg hei un der Dir gelauschtert hätt, dee wir geschwënn senger Wee gaang.
- GOUVERNEUR *fir sech*: 'T war keng Freed haut. Neen.
- STRENG *hält séng Ried virun*: Dat géif och kee Stéck, Monseigneur! Dat éiwegt Gebléimels daacht keen décke Su! Ech halen och: Keen deem aner un d'Eier gegräff! Ma wa mer schons um leschte Lach päifen, gi mir dat dach wéinstens zou! Mir weisen eise Leiden dee Wee, deen nach ze goën as. Da's guer keen an



d’Kiirch gedämpft. Mir lafen do guer nèt virun de Won. Mir haselen denen Dausenden no, déi d’Plaz ewell wëssen. Mir kënnen e jhust nach weisen: Mir halen är Sait. Mir droën eis Labrante mateneen. Haalt vun eisem Bild wat der wëllt, ma ’t huet ville gehollef! D’Kapell hänkt voller Krätschen, voll wuessen Äerm a Been. De Bëschof huet d’Saach op Häerz an Niere gepréift. Wa mer keng kal Krëschte sin, da seet dat äis eppes.

Hären! Fir déi schwätzt een esou e Fall e ganzt Buch voll. Emol een Här, emol eng Meeschtesch, wou et mam Heeschen duergeet! Bei äis berappt een, ’t sief opgehang oder lassgesprach. Wéivill Getoufter schécke mir der all Dag op d’Strooss. Ma gitt emol an d’Galessiskapell a kuckt iech do d’Gesichter un, wann se verriichte gin! Keen, dee mat den Aë flankt! *Eesch!* An ech soën iech nach eppes! Mat Verleef ze rieden, — ënnerstéi kee sech a laach een driwer: D’Vollek brauch séng Mamm. Huet der souwäit geduecht? ’T huet sech se selwer gesicht. Mir hun se nèt fond! Wéi laang gungen s’ewell op Avioth sech d’Bee stompeg? Elo hun se se heiheim. An ’t as hiirt Gléck. An d’franséischt Lëtzebuerg setzt kee méi e Fouss. Mir hun eise Leiden hir Léiffrächen nèt gin. Maacht e wéinstens déi Freed an haalt s’an Eieren! ’T soll kee soën, hir Mamm wir net och eis. *Zum DU FAING:* Ier de Kinnek äis duefir bezillt, oder fir d’Leit ze kujhenéieren, dat sief dës Kéier enges. Eis Leit wëllen eist Gutts. Liicht dat iech an? Äis wëllt d’Vollek gesinn um Galessi! Fir datt et säin eegene Glaf gesait! Datt et e gesait Wuerzele schloën! Déi Heepst solle vir goën! Waart der duefir op de Schefferot? Wees Gott, dir Hären, wann d’Land schro wir, ’t hätt de Glawen ewell laang verluer! Zerknätscht, zertéitscht an zerknuppt wéi et do läit. As et iech nach e gutt Wuert wäert? Da gitt em et haut! *Sëtzt sech.*

GOUVERNEUR *midd:* Do huet der äis alles gesot, Här Sekretär. *Kuckt s’all un.* Ech wëllt, déi Heepst g i n g e vir, dës Kéier.

BÉTZELER *wëllt bremsen:* Ma dir gitt allerhand huerteg waarm, sot! Mengt der nèt, ’t wir nach e bësse fréi?

BATT. WILTHEIM *haart:* Hannen a vir ze spéit as et, Här Baron! Mat de Fangere sollen s’op äis weisen, wa mer de Kapp an de Sand stiechen, Wa mer mol nèt méi wëlle gesinn, wat d’Leit am Gemitt dréckt! De Beidel kënnen mer e schon nèt

stoppen! Ma döser Schold wir sech lass ze man! Ech sin dee Jéngsten hei, ma dat muss ech mer däerfe vum Leif schwätzen.

NEUVEFORGE *eescht*: Ma dat steet iech nëmnen zou, dat! — D'Lëtzebuerger sollten sech mat Kräizer seene, wa mir den eegenen Aart nët méi verstinn!

BOSCH *averstan*: Ma da's dach faerdeg! 'T bräicht wiirklech nët ze sin, eist Getornéiers elei. Souvill Eiergefill misste mer rescht hun, ouni datt een äis et extra virhält!

ARNOULD *iwwerzeegt*: De Pater Alex hätt dee Bréif nët opgesat, wann e sénge Lëtzebuerger nët secher wir!

DU FAING *alt erëm widderfällig*: De Pater Alex a séng Leit kennen!? *Zum EUST. WILTHEIM*: Här Prääsident, 't as iech näischt Neits: Wéi dacks hat ech mech mat em doriwwer? *Sech selwer nët eens*: Grad dat as et jo, wat engem nët wëllt an de Kapp eran! As et un äis, fir op d'Wuert vun engem Eenzegen an d'Knéien ze gon? — 'T as äre geeschleche Brudder! Gitt elo nët béis, weell ech si fir klöre Wäin: Äre Pater kennt eppes vun ale Steng, gutt genuch. E kennt méngetwegen d'halleft Réimerräich ausweneg. — Ma gesäit hie sénge Beichtkanner an de Läif? Liest hien an denen hire Käpp wéi a séngem Brevéier? — Wiirt dir esou kéng, dorun ze gleewen?

EUST WILTHEIM *steet poulriicht op*: Sou gewass ech hei stin, Här Grof.

BATT. WILTHEIM *wëllt säi Papp stäipen*: Mech däerft der och froën. Ech kenne séng Ried a séng Schrëft. Dee gesäit an iech era wéi dir an hien. Schwätzt mat deem, bei deem wësst der, ier et Nuecht oder Dag as bannen! Dat Geblitt kann nët léien.

Himmelliicht. Gedimmer.

DU FAING *nach nët iwwerzeegt, steet op*: Hun ech guer nët behaupt, gesitt der! — Datt dir dat nët bekäppt! Mir si Frënn, äre Pater an ech! Wéi dack loosst der een dat erausquëtschen? Ma dir dot mech hei säi schlecht Gewësse spillen! *Déi zwéi WILTHEIM gi bleech.*

GOUVERNEUR *erféiert*: Här Grof! Gitt uecht, wat der sot!

DU FAING *hält nët op*: Ech weess dat nach ze gutt! Un ärem Pater as kee Falsch! Ma kann de gudde Mann sech nët ieren? Wat fir Leit gesäit äre Pater? Wellech kommen a séng Kapell? Souer, déi de We bal nët méi packen! Siicher, denen d'Haut op de Knache fault, Kanner, denen den Hellegsmangel am Gesiicht steet, Pätteren, déi käicheg an tekeleg gin, Méimen, denen d'Gliddwaasser aus de Schanke bëlzt, Krommer a Krëppleger, Blanner a Muelzeger! Ech froë nëmnen, wéi de Pater dat aushält, fir s'all an d'Aën ze kucken. Dozou gehéiert méi wéi Kuraasch. — Wann sou Leit souere kommen, déi hu soss näischt méi! Ma as dat eis Provënz? Sin dat jhust Gepéngeter, déi no der Léiffräche verlaangeren, oder as deen Driff esou staark, datt e Gesonter a Gerueder matvirunhëlt? Datt en se gleewen deet, de Wand géif sech dréien? Och wa mir kee Fouss mi op den Dill kréien? Déi Äntwert gitt mer! Da weess ech mäint. *Sëtzt sech.*

ELTER *hieft d'Hand, steet op*: Abee, dir Hären: Ech hun och nach ze schwätzen. *Zum DU FAING*: Här Grof! — Iech feelt nach eent: Dir waart nach nët dacks genuch an der Kapell. Soss hätt der är Äntwert! An är Baurenheiser gitt der och nët dack, soss géift der nach schimmeg. *Den DU FAING kuckt opréiesch, ma den ELTER wénkt of*: Lauschtert mech gutt, wann iech geliff! An all Stuff hänkt dat Bild, wat äis esouvill Iwwerleës kascht! An all Kiirch steet et an op all Gewan! — Ma ech zielen iech elo eng ganz aner: *Alles gespaant*. Wësst der wat de Pater Alex fäerdeg kritt? Ech si wäit erëmkomm; ma ech verroden iech, dat do hun ech keng zweemol gesinn: Stellt iech vir, dir begéint op der Landstrooss trappweis jong Meedercher aus den Dierfer! Déi gi stonnewäit vun Haus zu Haus heeschen, sangen och nach! Fir eng Kroun fir hir Léiffrächen! Dir kuckt nët laang no, ouni datt et un iech geet. Wann der iech Zäit héilt, fir se ze froën, wien s'ugestallt huet, dir féilt op de Réckstrank! An si simmelen, 't as nët ze gleewen: Goldfex huet kee feel, ma Kierfvoll Iesswueren droën s'op de Maart. Déi Bluttäermst schécken se nët fort. *Haart zum DU FAING*: Här Grof, da's sech

eng Hellgegof vum Monn ofgespuert! Hu mir eemol an eisem Liewen deen Affer bruecht? — Kengem Kinnek séng Schätzéng gëtt esou bezuelt. *Sëtzt sech.* A vun äis as jhust ee Fiederstreich verlaangt. Streech solle mer kréien! — Dat sin dem Pater Alex séng Leit!

Den DU FAING *léisst de Kapp hänken. Rou.*

BËTZELER *éierlech gepaakt:* Gët et dat? *Rau:* Ech muss zouginn, dat geheit mech em, dat do. Eng ganz Arméi fir ze bieden! *Rëselt de Kapp.* Wiren déi Kanner dach nëmmen Zaldoten, d'Provänz wir erléist! Sou eppes hieft engem bal.

UREN *mat Respekt:* Kee Feldpriedeger kritt der souvill op d'Been.

DU FAING *wankelmiddeg:* Ech gesinn: 't huet iech all kritt. — Elo hun ech jhust nach mäin ale Begier: *Zum PRÉSIDENT:* As de Schefferot gefrot? Dir sid nët d'Stadhaus! Wat hält de Stadriichter, wat halen d'Scheffe vun ärer Patréinesch? — As denen och d'Häerz an d'Schong getrollt?

UREN *setzt en dës Kéier op d'Plaz:* Ech komme vun do. Se loossen iech soën: Sou bal dir äert Wuert gitt: De Schefferot kënnt zesummen an e schwätzt iech äert Verspriche spuerstreechs no.

DU FAING *verspellegt:* Alt e puer Trouschtmiddeger méi! — Da gi mer eng Dir weider fort: Sid der eens mat de Kléischer? Wann är Prässioun e Lach kritt, da besser, se geet ni! Dann zillt der béisst Blut an der raaft Steng! Bannent dëser Mauer huet alles e Streech fir säin Här! Huet der iech deemno geriicht?

UREN *roueg:* Dir huet mer alt erëm d'Wuert ewech. Ech weess esoguer nach méi: Den Abt vu Mënster deelt iech mat: Déi nämlecht Stonn, wou de Schefferot wielt, mécht d'Geeschtlechkeet datselwécht. — Geet dat iech duer?

BËTZELER *geschloën:* Méi wéi dat, Här Kapitän. Méi wéi dat.

DU FAING *ewell méi dätsch ewéi verbruet:* Dann huet deen et dach fäerdeg bruecht, de Pater! Fir eng Keier alles, ouni Haass, ënner enger Decken? *Eemol nach am ale Feier:* Ma ech son iech et elo eng leschte Kéier: Ënnerschreift dat do, dann huet der iech ergin! Er — gin! Wann der dat iwwert iech bréngt, — dann dankt der of! Wann nët baussen, da bannen. *Midd:* Bleift iech dat och nët erspuert?

EUST. WILTHEIM *ferm:* Neen, Här Grof! Grad dat gi mer elo gefrot. Een Dag musst der et léieren. Ech si frou, datt et vrun deem douewen as. Kuckt är Zäit emol an d'Gesicht! Foxeniichter, wéi dir et sid! Gitt iech drun an haalt dee Bléck aus! *Gerëselt:* Da fant der, déi Zäit huet feierrouet Aën. Ee Brand an ee Blut! Sou stuerken s'iech un. An da versicht, se ze zwangen! An da sot der sou ärem Här a Meeschter: „Ech fuere mat, ma huel du d'Léngt. Ech gin nët méi eens eleng.“ *Himmellücht. Gedimmer.* Verstitt der een elo? *'T ass roueg wéi op engem Kierfecht. Den DU FAING béckt de Kapp. De PRÉSIDENT zum GOUVERNEUR, dee fir sech türmt:* Monseigneur! Wollt dir nach eppes soën? Äert Urtel wir äis eppes wäert...

GOUVERNEUR *steet midd op:* Ech wollt jo, ma wat soll ech nach? Fir wat en Urtel sprichen, dat zënter Jore gesprach as? Fir mech as eis Patréinesch laang gewielt, Här Präsident: Zënter hirer éischer Prässioun. *Sëtzt sech.*

EUST. WILTHEIM *dankbar:* Sou hätt nët jidderee geschwat, Monseigneur.

ELTER *éierlech:* Duefir kënnen är Leit iech merci soën. — Ech wëllt der behéilt laang recht.

BOSCH *roueg:* Soulaang der kee bréngt, deen d'Peng aus der Welt schaaft, soulaang laut der déi Klack nët fir näischt.

LANSER *iwwerluegt:* Mat Fale léiert ee goën. 'T as en Dauer, ma 't schéngt, 't as een, deen dat mat äis wëlles huet.

EUST. WILTHEIM *batter:* Den Dauer as, dat mer deen am Gudden nët héieren. *Zum BËTZELER:* Muss ech iech nach d'Wuert gin, Här Barong? Sou wéi der äis d'éinescht erdubbert hat, do ging ee mengen, 't wir iech nët geroden. Wann der nët gutt drop ze spriche wiirt, ech wëll keen dirängelen.

BËTZELER *bal schimmeg*: An enger Stonn Zäit schléit d'Wieder gär ëm, wësst der. Wou dat do laanscht ee gelaf as, ech son iech éierlech, — *as nët sou kéng, den DU FAING an d'Gesicht ze kucken* —, bei mir as et Jo.

EUST. WILTHEIM *e bèsse paff*: Ech si frou fir är Stëmm, Här Barong. *Steet op, zitt déif Otem*. Monseigneur, dir Hären! Da bieden ech elo déi vun iech opzestoen, déi derfir sin. Wann iech geliff!

Alles hieft sech, och de GOUVERNEUR, bis op den DU FAING. Een Ablack réiert keen eng Oder. 'T héier ee jhust de Wand laanscht de Giewel fachen.

DU FAING *zéi*: Nëmme ech felen nach. Sou mengt der jo. — Ma mech frot der nët méi, gelt? *Alles kuckt verleën. Zum PRÉSIDENT*: A wann ech iech elo déit froën, Här Prësident, ier der ëmstand wiirt, äert Wuert ze halen? Vum eestëmmege Bescheed? Hätt der dee Kuraasch, fir iech erëm ze sëtzen, wann ech nët opstin? *De PRÉSIDENT kuckt déi aner elef, gesäit sech tëschent zwee Verspriechechen a kritt kee Wuert eraus. Den DU FAING fiert virun, ëmmer nach schamper*: Abee gutt! Ech enthiewen iech där Prouf! Ech gesinn dir stitt emol eng Kéier iwwert ärem Gestreits! — Ma wann ech d'Eisen aus der Hand gin, da muss ewell ee mer et ofhuelen. — Är Léiffrächen... *Schléckt gepéngt, da ferm*: Looss mer soën: Eis Léiffrächen. Déi wäert mat mir nët brauchen ze kloën. Ma dir wësst, ier ech ee ruffe fir méng Aarbecht ze man, do schummen ech mech ewéi en Hond! *Zéckt eng lescht Kéier*: Do as nëmme en ale Frënd Schold drun, wann ech mech haut nët schummen. *Steet op, riicht ewéi eng Käerz*. Do wire mer! Si mer elo zu genuch?

EUST. WILTHEIM *erléist*: Merci, Här Grof! *Geet op en duer, rëselt em d'Hand*. Villmools merci!

'T kënnt kee sech es zou.

DU FAING *eng Grimmel manner hafteg*: Dann hat dir am Eescht gemengt, ech léiss iech fueren?

EUST. WILTHEIM *bal mëll*: 'T hätt mer déck gedoën, Här Grof, kann ech iech soën! Ma wat soll ech elo nach mengen? Dees Gemengs misste mir äis bal lass man. *Steet elo tëscht dem UREN an dem DU FAING*. Ech si nëmme frou, datt mer all hei stin. Sou gutt kenne mer äis, datt mer wëssen, et bleift derbäi. A well mer en eestëmmege Bescheed fäerdég kruten, duefir loosst mëch elo, wann der wëllt, mäi Verspriechechen halen. *Geet bei d'Fenster, mécht s'op a rifft an de Reen*: Alex! — Lex! *Grad ewéi wann déi Säit een op d'Fenster komm wir, wénkt e mam Aarm „Komm eriwuer“ a geet hannescht bei säi Pult.*

D'Gespréich rëtscht elo vill besser. All Mënsch erbléist sech.

Himmelliicht. Gedimmer.

GOUVERNEUR *besuergt zum UREN*: D'Gankepaart as jo opbliwwen?

UREN: Secher dat. 'T brennt esouguer eng Fakel am Är.

BËTZELER *schmunzt*: Dee fënt de Wee. En as dach kënneg hei, de Pater.

EUST. WILTHEIM *gemälleg*: Bal wéi a sénger Täsch.

ARNOULD: Wann ee sech esou dacks d'Bee stompeg leeft, fir déi aner Leit . . .

BOSCH *laaches Monds*: . . . da kënnt een äis nët méi aus de Féiss, mengt der?

ARNOULD *wénkt Jo*: Ech wollt elo soën.

LANSER *wëtzeg*: Mir din e jo secher nët all Kéier sou laang waarden.

ELTER: Dat hätt en op kee Fall verdéngt.

EUST. WILTHEIM: Eisen Alex héiert der do nët kloë, wësst der. Dee sting de ganze Mëtteg am Schloreen, wann et misst sin.


STRENG: An der Gedold méich en engem nach eng vir.

Dimmer: Dës Kéier fir d'lescht.

DU FAING *besuergt*: Dann huet hien déi ganzen Zäit keen A ofgeschloë vun eiser Fënster?

BATT. WILTHEIM *laaches Monds*: Dir frot nach, Här Grof?
An deem Ablack steet de PATER WILTHEIM an der Dir.

NEUVEFORGE *kuckt zoufällleg dohin*: Ma do as e jo ewell! *Alles kuckt em. Zum PATER WILTHEIM*: Dir gitt nach esou bal nèt käicheg, Pater, Wéivill Träpplecke matenee waren dat do?



10. Optrët: DÉI VIREG, PATER WILTHEIM.

PATER WILTHEIM *schmunzt, zum NEUVEFORGE*: Ech hu se nach keemol gezielt..
Vernäipt sech: Däerf ech kommen, dir Hären? Ech sin esou fräi, iech ze ploën, den Owend. Sin ech kengem zu Laascht? *Kënnt lues no vir.*

GOUVERNEUR *gët em d'Hand*: Kengem Mënsch, Pater. — Wann et hei och alt emol haart hier geet, dat soll iech nèt ofhale, fir bis erop ze kommen.

PATER WILTHEIM *mecht nach eng Näip*: Ech stinn déif an ärer Schold, Monseigneur.

GOUVERNEUR: Loosse mer soën, 't wir emgekéiert, Pater.

EUST. WILTHEIM *zefridden*: Alex! De Bescheed as do. Mir hu gewielt. Elo kanns de däi Kapp a Rou leën.

PATER WILTHEIM *deem säi Glaf bal eppes Bouweméisseges gët, kënnt bis bal bei säi Brudder*: Jo? As et geschitt? Dann e grouse Merci, dir Hären! Dann hat d'Stad emol erëm eng gutt Stonn. Ongläich gedin hu mer jo gewass kengem?

STRENG *monter*: A wiem da, sot? 'T misst jidderengem eng Eier sin.

DU FAING *iwwerwënnt sech*: Eise Bescheed as eestëmmeg, Pater. Wann et driwwer hiergeet, da bleiwt ee bei der Staang.

PATER WILTHEIM: 'T as schéi vun iech alleguer, dir Hären. Eist Bildchen huet d'Sprooch nët, ma är Patréinesch huet eng gutt Hand. Sid es secher, si weist iech et.

GOUVERNEUR: Mir brauchen déi Hëllef, Pater. *Zum EUST. WILTHEIM:* Wat mengt der, Här Präsident? Bréng mer de Sprach gläich zou Pabeier?

EUST. WILTHEIM: Op alle Fall, Monseigneur! *Zum PATER WILTHEIM:* Elo kënn du äis grad giedlech, Alex. *Zum BATT. WILTHEIM:* As de Regëschter bei Hand, Jong?

BATT. WILTHEIM *steet deerbanns op, bréngt dem STRENG d'Buch dohin:* Wéi's de gesäis! E läit ewell prett. *Geet hannescht.*

EUST. WILTHEIM: Da fuert duer, Här Streng!
De STRENG sëtzt sech, déi aner bleiwe stoën.

STRENG *schmunzt:* Maja! E laténgesche Bréif muss dach eng laténgesch Äntwert kréien. — Nët, Pater? Wann der wëllt, dir dærfst iech se selwer erdenken. En aner as nët esou beschloën dran ewéi dir.

BOSCH *gudder Déng, zum Pater:* Do héiert der! Hei gët ee gläich ugespaant!

PATER WILTHEIM *frëndlech:* Ma fir dat elo as ee frou, Här Prokureur! *Zum GOUVERNEUR:* Monseigneur, géift dir mer vläicht virschwätzen? Ech méich mer eng Freed draus fir z'iwwersetzen. *Stellt sech nieft de STRENG.*

GOUVERNEUR *gläert:* Dat man ech, Pater. — *Diktéiert:* „De Gouverneur, de Präsident, an d'Rootshäre vum Kinnécksrot zu Lëtzebuerg sin averstan“ ...

PATER WILTHEIM *iwwersetzt, kuckt iwwerdeem dem STRENG no, haart an däitlech:* Domini Gubernator, Praeses ac Senatores Consilii Regii Luxemburgi annunt“ ...

GOUVERNEUR: „... an sie wielen d'Léiffrächen, fir sech a fir hir Nofolleg, zur Patréinesch von dëser Stad“ ...

PATER WILTHEIM: „... ad Divam Virginem, pro se suisque successoribus, in huius civitatis patronam suscipiunt“ ...

GOUVERNEUR *kënnst zum Enn:* „... an sie verkënnegen dat, an si ruffen et aus.“

PATER WILTHEIM: „...ac pro tali decernunt et pronuntiant“.
Een Ablack as et roueg.

GOUVERNEUR *zum STRENG:* Dir drot et an op den Dag vun haut. Wann et och Wierteg as, déi Stonn kann ee verhalen.

STRENG *fäerdeg mat Schreiwen, steet op:* 'T as ewell an der Rei, Monseigneur. *Zum PATER:* A merci, fir är Hëllef, Pater.

PATER WILTHEIM *schmunzt:* Mam Merci as et haut u mir, Här Streng.

GOUVERNEUR *zum EUST. WILTHEIM:* De Stadrot mécht äis dat hei op der Plaz no. Duefir leen ech d'Hand an d'Feier. *Zum PATER:* Iwwernächste Sondech speitestens kéime mer dann an är Kiirch d'Vespriechen ofleën, Pater. Ging dat?

PATER WILTHEIM: Do riichte mir äis ganz no iech, Monseigneur! Mir huelen iech d'Bildche vum Galessi erof, an da feiert der at der Stad a mat de Kléischter zesummen.

GOUVERNEUR *wénkt Jo:* Schéin. Loost mer et sou festhale, wann der wëllt. *Zum EUST. WILTHEIM:* Hu mer soss näischt méi ze beschwätzen, Här Präsident? *Weist op den UREN:* Ech muss stënterlech mam Här Kapitän doropper an d'Neipaart.

EUST. WILTHEIM: Ech wéisst näischt méi, wat brennt, Monseigneur. *Schellt mat senger Schell:* Dir Hären! Eise Rot as aus.

Alles réckelt seng Still bäi an trëtt an klengen Träpp zesumme fir ze sproochen.

DU FAING *zum GOUVERNEUR*: Wann der bei d'Offizéier fuert, Monseigneur, da maacht gutt derbái. Wann ech hei op méngem wir, ech kéim hëllefén.

GOUVERNEUR *roueg*: Mir gi schon eens. Ier mer wëllen oder nèt, mir müssen. Ech glewen, dat verstin déi Dropmecher och.

UREN *schmunzt, zum DU FAING*: Versuergt dir iech, Här Grof. 'T as haut grad d'Wieder fir eppes opzerafen.

BËTZELER *leet dem DU FAING d'Hand op d'Schëller*: Ech halen och, dir huet iech den Owend daper genuch geschloën.

DU FAING *rëselt de Kapp*: Jee, Jee! Schwätzt nèt méi dervun.

GOUVERNEUR *trëtt vir bei de PATER*: Mir musse goë, Pater. *Dréckt em d'Hand*: Spuert iech gesond, well d'Leit brauchen iech nach.

PATER WILTHEIM *vernäipt sech*: Dir och, Monseigneur.

UREN *dréckt och dem PATER d'Hand*: Bis geschwënn. An am Stadhaus loosst der äis gewäerden. — Gutt Nuecht, Pater.

PATER WILTHEIM: Gutt Nuecht, Här Kapitän! A villmools merci.

GOUVERNEUR *haart, zou en alleguer*: Nuecht, dir Hären!

Alles vernäipt sech an äntwert: „Gutt Nuecht, Monseigneur“. GOUVERNEUR an UREN of. Iwwerdeem sin NEUVEFORGE, LANSER, ARNOULD, BATT. WILTHEIM a BOSCH riets an den Eck getrueden a sprooche mateneen. Den EUST. WILTHEIM trëtt vu sengem Pult erof, kënnt fir bei de PATER a kuckt mat him dem STRENG no, deen säi Prëtekollbuch fäerdeg mécht. De PRÉSIDENT hëlt d'Fieder an ënnerschreift. Deerbanns schwätze lénks am Eck den ELTER, de BËTZELER an den DU FAING ënnereneen. 'T as dat Gespréich wat d'Leit elo fir d'éischt héieren.

ELTER *führt sech un d'Stir, wéi wann en eppes vergiess hätt*: Tja, ech mengen, ech maë mech och iwwer d'Schnouer. Gitt der mat? Kucke, wéi et doheim ausgesäit.

BËTZELER: 'T wäert jo do nach alles roueg sin. *Zum DU FAING*: Kommt dir och, Här Grof? Dir iesst jo den Owend bei mir?

DU FAING *e bësse gepéngegt*: Ech soën iech nèt gär neen, ma 't gëtt spéit hënt. D'éischt muss ech mer nach eng aner Saach vum Leif schwätzen. Nèt virun acht Auer, Här Barong.

BËTZELER: Ma da's dach keng Affär! Ech waarde gär mam Landauer: Beim wäisse Schëmmel doiwwer. Dir wësst jo wou. — Bis gläich dann!
Geet mam ELTER dem PATER d'Hand gin. Se wiesselen hire „Gudde Nuecht“ a gin. Den DU FAING stellt sech bei d'Fenster a kuckt aus. Vun elo un kënnt d'Gespréich aus dem rietsen Eck.

LANSER *a Gedanken*: Wa mer gutt uecht gin: Mir man en duebelt Verspriechen do. 'T geet nèt duer, datt de Monseigneur an de Kapitän op den Houelter affere gin. 'T as och um Stadriichter. *Schmunzt*. Wann déi Saach nèt esou eescht wir, 't déit een nach laachen. Datt mir de Provënzrot an d'Stad ënnert een Hutt bréngen!

ARNOULD *gefaasst*: Am Stadhaus léieren se grad esou gutt bieten wéi mir. Wat wäerte mir nach enk zesummerécken!

BOSCH: Dat wëlle mer wëssen. *Tüirmerech*: Wa mäi Papp getréischt dat do erlieft hätt . . . Als ale Kapellmomper vum Galessi, deen hätt geglënnert vu Freed. Ëmmer wollt en hun, d'Bildche misst de Stadschlëssel ze versuerge kréien.

BATT. WILTHEIM *beflass*: 'T as dat, wat de Monni Här och seet. *Dréit sech zum PATER*: Nediirt?

PATER WILTHEIM *gemälleg*: Loosse mer do denen Häre Scheffe fräi Hand. Do wëll ech kengem virgräifen. Beileiwen nèt.

NEUVEFORGE *wif*: O, déi Stater kommen iech ewell vum selwen drop. *A Gedanken*: Wa mir dann der Léiffrächen géifen eise Wopen afferen? Am Sélwer gedriwwen 't gëtt dach nach Goldschmëtt hei, déi engem eng préiweg Aarbecht méichen. Loosst et emol souwäit sin! Mir din iech et schon un näischt fele, Pater.

BOSCH *wenkt Jo*: Dorop kënt der zielen. *Gëtt d'Hand*: Gutt Nuecht, Pater! A merci, datt der komm sid. *Och déi aner trieden erno*.

PATER WILTHEIM *frëndlech*: Ech soë merci dir Hären. *Gëtt och dem ARNOULD an dem NEUVEFORGE d'Hand, déi mam BOSCH ofgin*.

Déi dräi pësperen hire „Gudde Nuecht“ och beim EUST. WILTHEIM a beim STRENG.

LANSER *kléckt dem PATER als Leschten*: A kommt heiansdo erëm! 't kann een deem aner nach gutt ënner d'Ärem gräifen. *Kléckt och denen aneren. Of*.

De PATER schmunzt a wénkt Jo, ma e seet näischt.

BATT. WILTHEIM: Monni Här, dir wullt jo nach gär an eisem Kopeiebuch, gelt?

PATER WILTHEIM *verwonnert*: Haut awer nët méi, Batti! Ech halen iech gewass och nach op!

EUST. WILTHEIM *schwätzt dertëschent*: Dat méchs de nët Alex! Den Här Streng gët der de Plonner mat heem, da kanns de dech sat dru lesen.

STRENG *steet op*: Ma secher! Ech hun äert Pergement jhust hei niewendrun am Verwëllef. Dir kritt et direkt. *Geet séier aus et sichen*.

EUST. WILTHEIM *bedenkt sech, zum BATT. WILTHEIM*: Da ma du nach d'Kutschepaart zou, Jong! Datt d'Kiirch am Duerf bleift. — *Gëtt dem PATER d'Hand*: Da gi mir elo, Alex. Ech sin apaart frou fir dech, weess de.

De PATER schmunzt.

BATT. WILTHEIM *gëtt och d'Hand*: Gutt Nuecht, Monni Här.

PATER WILTHEIM: Merci, dir zwéin. A kommt mer gutt heem, gelt! *Déi zwéi wénke mat der Hand a gin*.

11. Optrëtt: DU FAING, PATER WILTHEIM, STRENG.

DU FAING *trëtt aus der Däischtert no vir, op de PATER zou*: Pater, elo hun ech iech eleng. Iech muss ech nach eppes froën.

PATER WILTHEIM *hat nët gemengt, datt nach een do wir*: Dir sid nach nët heem, Här Grof? Gewass! An dat wir?

DU FAING *bruet a bruet a kritt et nët eraus*: Dir kennt jo eppes vun ale Steng, gelt?

PATER WILTHEIM *schmunzt*: Se soën emol! Dir huet mer ewell dacks schéiner bruecht.

DU FAING *wénkt Jo*: Fannt der? Ma wann ech iech dann haut géif froën: Kënnt der mer den Owend keen sou e Stee vum Häerz huelen?

PATER WILTHEIM *zéckt een Ament, dann huet e verstan*: Dee wäerte mer och nach packen, Här Grof. *Gelënd*: Solle mer äis gläich ausschwätzen? Der wësst, méng Stiffchen as e Kazespronk wäit ewech.

DU FAING: Wann dat iech geet... Jo, Pater.

PATER WILTHEIM *guttmiddeg*: Ech wëll gär. Mir kennen äis dach, mir zwéin.

STRENG *kënnt mat engem schwéiere Regëschter eragedosch*: Hei as äert Buch, Pater. Verdieft iech nëmmen d'Äen nët dermat!

PATER WILTHEIM *hëlt d'Buch entgéint, mécht eng Näip*: Ech maache mäi Bescht.
Kuckt sech de Regëschter un, roueg: Da kommt dir, Här Grof. *Gëtt dem STRENG d'Hand*: Gutt Nuecht, Här Streng, a merci nach eng Kéier!
Och den DU FAING gëtt d'Hand a grommelt e Gudden Owend. De STRENG äntwert hinne lues, mécht jidderengem séng Näip. DU FAING a PATER of.
 STRENG *kuckt en no, schmunzt fir sech*: Dat do as déi beschte Koppel vun haut den Owend.

12. Optrëtt: STRENG.

STRENG *hëlt d'Käerzenhärerchen, mécht ewell e puer Käerzen um rietse Liichter aus, zou de Leiden*: Dat war eis Aarbecht vun haut, gesitt der. Vun deemols, sot dir. Ech war es vun Ufank u secher, dir huet kee vun äis méi kannt. Wa mir äis sollte mat iech un een Dësch setzen, ech wéisst nët wéi dat ging. 'T deet engem déck, ma 't gläicht kee Jorgank deem aneren.
Mécht de Rescht Käerzen op där Säit aus, stellt sech énnert de Liichter lénks.
 Sou koumen d'Leit fir d'éischt an d'Oktav. Ma op äis as zënterhier esouvill Schnéi gefall, datt een déi beschten Zäit gehat hätt, fir ze vergiessen.
 Ma 't si Saachen, déi engem éiweg nolafen. Absëns esou e Versprieche. 'T war een dack am Leed, wéi laang s'et géife gutt halen. Ma 't konnt alles näischt dengen: 'T war nët méi un äis.
Mécht d'Käerze lénks all aus, stellt d'Härerchen ewech, trëtt bei säi Pult, hëlt säi Stenner, deen nach un as.
 Dir erënnert iech vläicht nach, wat ech éineschter sot?
Kënnt vir op d'Bühn: Un déi Seeche vun där Käerz an där däischerer Hiel?
Geet iwwerem Schwätzen hannerrécks, op d'Gankendir zou.
 Sou eng Flämmche geet ëmmer zréckuetesch.
Bléisst eng Käerz aus. Se glënnert ëmmer méi deierlech.
Bléisst déi zweet Käerz aus. An hannen um Enn as et nëmme méi e klinzegt Trauliichtchen. Esou dënn wéi e Bouneblat.
E steet bal am Agank. „Wat war dat do?“ frot dir iech. „Wien huet do geschwat?“
 Ma dir gitt näischt méi gewuer.
 Sou as dat mat den Doudegen. Wann der ee wëllt frieden, da gräift der an d'Loft.
Hieft d'Stëmm: Ma gleeft es! D'Haus verléiert näischt.
Bléist déi lescht Käerz aus. Of.
D'Bühn as däischer. De Reen baussen huet opgehal. Duerch d'Riddo fällt eng schmuel Strüf Liichteschäin. D'Klackespill vun Niklos spillt erëm d'Lidd vun der geschloëner Stonn, wéi virdrun.

ENN

IWWERT EIS KRAAFT



Wéi den ale Rot
d'Léiffräche gewielt huet

E Muttergottesspill vum ALAIN ATTEN